

DE VERSTÄRKER

En Komédistéck an 3 Akten.

Vum
Karl BRUNJE

An d'Lëtzeburiescht iwerdroën vum Henri REGENWETTER

Et spillen mat:

Bopi Summer	bal 80 Joër aal
Eugène Summer, säi Jong	esou 53 Joër aal
Berti Summer, deem seng Fra	esou 40 Joër aal
Edith Weidebam	esou 20 Joër aal
Benni Stréisack, Kniecht bei Summer	esou 28 Joër aal
Tobias Tëntefleck, Bréifdréier	esou 45 Joër aal
Lisi Tëntefleck, seng Fra	esou 40 Joër aal
Metti Hutzekatz*	esou 50 Joër aal
Notär vu Fiederliesens	an de beschte Joëren

*)Een op den Hutzekatz huelen, ass esouvill wéi een op t'Schölleren huelen.
Den a gött kurz geschwat, nët wéi bei Kaatz.

Et spillt sech alles op dem Bauerenhaff vum Bopi Summer of.
Zäit: Geigenwart

D'Erlabnis fir d'Iwersetzung huet de Verlag Karl Mahnke zu VERDEN (Aller) gin. Wien dëst Theaterstéck ouni d'Erlabnis vum Iwersetzer weider léint oder kopéiert, oder ouni Opféierungsrechter spillt, mech sech stroffälleg.

Zolwer, den 16 Abrëll 1977

Eppes iwer d'Bühn

Wirtstuff vun engem Bauerenhaus mat offenem Feier. Iwer dem Kaméin nach en Schaaschtech. Di ganz Arichtung ass wéi et sech ugesäit grad op "antik" rafistoléiert, awer net ganz stilecht gegléckt. Lenks a riets vum Feier an der hënneschter Mauer eng Dir, dovun geet déi eng lenks an dem Bopa Summer seng Schlofkummer, an déi aner, an déi aner Wunn- a Schloofreim. Dobäi ass och an der Reckwand eng Kellendiir (oder a Platz dervun am Buedem eng Klapp fir an de Keller). Lenks a riets an de Säitewänn je eng Diir vir aus. Op all Säit ass eng grouss Fenster. Lenks bei der Fenster ass dem Bopi seng Sätzplatz, déi wéi eng kleng Nisch ausgebaut as. An der Nisch steet ee groussen Lehnstull. Riets bei der Fënster ë groussen Dësch mat enger Sëtzbank ënner der Fenster a Still ronderëm den Dësch.

Tëschen dem Bopi senger Stuffendiir an dem Kaméin ass an der hënneschter Mauer gläich iwer dem Estrech eng kleng Eisendiir. Et ass en alt Uewelach, dat net méi am Gebrauch as, a wou fréier den Uewen aus der Stuff dran ugeschloss war fir d'Virstuff ze hëtzen. Den Uewen ass aus der Virstuff bedengt gin, huet awer d'Reim hannendrun gehëtzt. Dësen Hëttraum vum Uewen hat de Bopi Summer sech als déifsëcheren Wandschaf ausgebaut. Dodran huet hien seng Suën a Wertpobeieren.

Soss wéi an enger Bauerenkichen, wou alles betount "antik" bemiwelt as gin.

I Akt

Den Dag firun Gehaansdag, nomëttes em 3 Auer. Dobaussen ass et summerlech warm. De Bopi Summer setzt a senger Fotell niewent der Fenster lenks, a schléift. E grousst Hoar läit niewent him op der Fensterbänk. D'Zeitung, an deer hie geliesen hat, ass him vun de Knéien gerutscht. En huet säi Brëll op der Nues. Niewent senger Fotell steht säi Bengel. Eng almodisch Wandauer oder Standauer geet op 3 Auer zou.

1. (Berti, Eugène, Bopi)

Berti: *(an hannendrun den Eugène, kommen vun riets ran. Si schwätzen ongenéiert hart wi ëmmer, well se op dem Bopi säi Schloof keng Rücksicht brauchen ze huelen. Well den näischt héiert, müssen se him schon emmer ganz haart a säin Hoar brëllen, soss versteht hien guer näischt.)*

Berti: *(bleiwt stoen)* Elo schnarcht den aale Kueder nach emmer wéi eng Sau mat 13 Fierkelen.

Eugène: *(den och elo erakomm ass)* Tja, dann hëlleft dat näischt, dann musse mir alt nach warden.

Berti: *(rosen)* Warden? Den Här Notär, den Här vu Fiederliesens kann all Ableck do sin. Et gett héich Zäit datt en elo mol endlech wakreg get! Hien ass souwisou nach déi éischt Véierelstonn no der Mëttesrascht besseg wéi een roosenen Hond. Wann mer en elo net an d'Luucht kréien, ass en hanneno zevill knaddreg, an da gëtt et erëm näischt mat ëm.

Eugène: Tja, tja, ma dann erwäsch en dach einfach!

Berti: Bass du ëm? Wann en net ausgeschloof ass, dann ass en nu guer net ze genéissen. Da kënne mer den Notär erëm gläich ofbestellen!

Eugène: Ma da bestell en rëm oof.

Berti: Asou! Wëlls de da vläischt bis un däin Liewensänn hei um Haff de Kniecht bleiwen? Neen – Dat Gedeessesems muss elo endlech an d'Rei goen.

Eugène: Tja, da musse mir alt kucken, wéi mir heen waackreg kréien.

Berti: Kloër déi, daat musse mer! Nëmmen hien därf net mierken, dat mir hien erwäscht hun. Soss gët ë well wéi eng Spann an da geheit en erëm alles a sengem Kapp duercherneen.

Eugène: Wéi's de mungs, Berti. Da muss et alt esou goen. *(geet op d'Stuffendiir lass)*

Berti: Watt wëlls de dann lo maachen?

Eugène: D'Diir zouknallen! Da soë mir alt, et hätt gedonnert! Do kënnte mir jo nët derfier! (*kracht d'Diir zou*)

Bopi: (*schnarcht virun*)

Berti: Dat ass lang net genuch, hien ass jo komplett daaf.

Eugène: Da musse mer et emol op eng aner Manéier versichen. (*hien zitt een Zabot aus, a krecht den op de Buedem*)

Bopi: (*schnarcht riicht virun, wuel nach méi haart*)

Berti: Dat hëlleft näischt! Dat ass vill ze lues! Ma wart emol – do läit säin Hoar! Daat haalen ech him elo bei d'Ouer! An elo knupp emol nach eng Kéier!

Eugène: (*knuppt den Zabot op de Buedem dass e räisst*) Do! Elo ass e futti!

Berti: (*mat verzweifeltem Seifzer*) O mei, dofunner wir en Doudegen an d'Luucht gangen. An den aalen Knadderer schléift ganz friddlech weider wéi wann guer näischt gewiescht wier.

Eugène: Wann ech nëmmen meng Juegdflënt nach hätt! Dann hätt ech déi niewent sengem Ouer lassgeschoss!

Berti: Bei dem daawen Ouer muss schon eng Kanoun lassgoen, wann hien erwäsche soll.

Eugène: Tja, dann hëlleft alles näischt, dann muss mir ën rëselen.

Berti: (*hält en zreck*) Du bass wuel net mi ganz bei Trouscht! Wëlls du alles verdirwen? Hanneno ass en erëm spannewëll op eis an alles ass verkéiert. Daat musse mer ganz anescht upaaken!

Eugène: Wéi mengs de Berti?

Berti: Wart! – Ech hun et! Elo mol séier eraus hei! (*Si dreckt hien zur Diir eraus*)

Eugène: Tja, dann hëlleft daat näischt. Wéi's du mengs Berti (*hie geet no riets of*)

2. (Berti, Bopi)

Berti: (*geet séier bei d'Fenster lenks, an mecht de Flijel op. Dann hält se ee Biesem*) Sou! An elo kréien ech en! (*Si geet séier no lenks of an kënnt dobaussen bei der Fenster an mam Biesem reecht se duerch d'Fenster fir de Bopi ze stoussen*)

Bopi: (*grommelt am Schloof*)

Berti: (*stéisst hien esou laang mam Biichtestill bis dass ë waakreg gët. Da stellt d'Berti de Biesem baussen bei d'Fenster a verschwënnt séier*)

Bopi: (*dee ganz lues waakreg get*) Uaaaa! Ass do een?? (*gräift nom Hoar an hält sech et bei d'Ouer*) Ass do een? (*hien kuckt rodrem sëch a sicht*) Wien ass do? Berti!

Berti: (*kënnt séier vun riets eran a mëcht katzefrëndlech*) Mäi Gott, Bopi, bass du schon waakreg? Wéi kënnt daat dann?

Bopi: (*granzeg, hien huet trotz dem Hoar näischt verstanen*) Firwaat hues de mech erwäscht?

Berti: (*brëllt him an d'Hoar*) Ech hun dech dach guer nët waakreg gemaach. Ech hu mech gefreet, wéis de nach esou gudd geschloof hues.

Bopi: Et huet äwer ee mech gestouss!

Berti: O Mamm, nee, wie soll schonn esou eppes wëlle maachen? (*Wëllt him d'Decken, di him vun de Knéin gerutscht ass erem opleeën*) Komm, schloof nach eng Grimmelchen.

Bopi: (*eegensënne*) Et huet äwer ee mech gestouss! Ech wëll wëssen, ween datt war!

Berti: (*brëllt a säin Hoar*) Ma Bopi, du hues vläit gedreemt!

Bopi: (*ongedëlleg*) Neen! Ech hunn net gedreemt! Et huet ee mech gestouss!

Berti: Ajo, du kanns nawell recht hunn. D'Fenster steht jo op.

Bopi: (*huet net verstaanen*) Besoff? Wien huet hei gesoff?

Berti: (*däitlech an lues an d'Hoar, brëllt*) D'Fenster steht op! An de Biesem ass och do! Neen, esou eng Schlechtegheet! Esou ee Mëschtsteck!

Bopi: Wat ass mat der Mëscht op eisem Steck?

Berti: Neen, daat Meedchen. Daat Mëschtsteck! Hat huet hei mat dem Biesem duerch d'Fenster gereecht an huet säin gudden aale Bopi aus dem Schloof gestouss!

Bopi: Mech aus dem Schloof gestouss? Mat dem Biesem? Firwaat mecht hat daat?

Berti: Well hat dëch iergere wollt! A well et nun emol näischt dacht.

Bopi: Hatt soll mech äwer net iergeren! Dat verquëssen ech net!

Berti: Ech plecken mir et elo mol! Dem wäert ech heemliichten!

Bopi: Hatt soll Respekt virun sengem aalen Grousspapp hun.

Berti: Daat Schëld! Do ass net vill Respekt, an do kënnt es och net vill hin!

Bopi: Wéi ass daat méijlech dass esou ë jonkt Framënsch mech aale Mann iergere wëllt?

Berti: Et huet eben keng gudd an der Kopp! Näip du elo nach e wéineg. E bësschen Zäit hues de jo nach.

Bopi: Ass den Notär dann nach net do?

Berti: (*otemt op*) Gottseidank, datt en vu selwer drop kënnt. (*An d'Hoar*) Neen, deen ass nach net hei, hien kann awer all Ableck kommen.

Bopi: Ou, kann all Ablack kommen? Da wëll ech och elo net méi schloofen.

Berti: Jo, wanns de mungs!

Bopi: (*ass opgestanen*) Ech muss jo och nach d'Pobeieren zesummensichen. (*E knéit virun sengem Schaaf an der Mauer, spirt déi kleng Eechendiir op, gräift mam Arm wäit an d'Lach eran an hëllt eng kleng Kasette eraus. Dann mecht en d'Diir erem zou an steet matt vill Gestöhns erem op*)

Berti: (*huet him nogekuckt an de Kapp gerëselt, geet dann bei d'Fenster, kuckt raus, a kënnt gläich drop erem zreck a brëllt him an d'Ouer*)

Kuck dobausse, do steht jo d'Meedchen, *(vun dobaussen héiert een d'Laachen vum Edith)* an tootzt mam Kniecht.

Bopi: Mam Kniecht?

Berti: Nujee, watt kanns de méi vum dem verlangen? Seng Mamm war jo och matt engem derduerchgangen.

Bopi: *(iergert sech)* Roueg, soo mir näischt vu senger Mamm. Mee d'Kand soll mol era kommen! Ech wäert him d'Leviten lesen.

Berti: O, iwerlooss mir datt roueg. Du solls dech net brauchen driwer opzereegen!

Bopi: *(stéisst matt sengem Bengel op de Buedem)* Op ech mech iergere wëll datt sin menger Sachen! Daat Meedchen soll erakommen! Direkt! Flatsch elo op der Platz!

Berti: Jojo, d'ass scho gudd. Ech soon him gläisch Bescheed!

Bopi: *(grommelt a dann geet hien a seng Stuff)*

3. (Berti, Edith, Benni)

Berti: *(kuckt em no)* Aalen Eegepänzer! *(Si geet bei d'Fenster a rífft. Et klengt guer net onfrëndlech)* Edith!

Edith: *(dobaussen)* Ja?

Berti: Kanns du een Ableck erakommen? De Bop wëllt matt dir schwätzen.

Edith: *(vun dobaussen)* Jo, ech kommen gläich!

Berti: *(faalt d'Zeitung zesummen, an och d'Decken, déi aus dem Bopi senger Fotell gefall war, a leet se op ee Stull. Dann matt engem Bleck op dem Bopi seng Kummerdiir)* Nujee, elo hun hun ech ën mol schon op Trapp, den aalen Iebessenzielert. *(geet op d'Diir zou no lenks)*

Edith: *(kënnt vun lenks ran)* Wou ass de Bopi dann?

Berti: A senger Kummer.

Edith: A waat wëllt en eigentlich vu mir?

Berti: Hie wëll sech nemmen bëssen matt sengem Enkelkand ënnerhaalen.

Edith: Nëmme ë wéineg ënnerhaalen?

Berti: *(laacht hannerlësteg)* Jo, ënnerhaal dech emol e wéineg matt him. Dat ë mer net erem gläich schléift. Et ass net gudd fir de Bop, wann en zevill schléift.

Edith: A soss wëllt en näischt?

Berti: Du häss wuel léiwer nach mam Kniecht gepotert, wéi matt dengem aalen Bop, hein?! Ma da wënschen ech dir och vill Amusement! *(geet no lenks of)*

Edith: *(kuckt hir iergerlech no, da geet et op dem Bopi seng Diir lass a wann et do ass, da kuckt den Benni zur Fenster eran)*

Benni: Edith!

Edith: *(weist him datt ë fort goë soll)*

Benni: Wat wëllt en vun dir?

Edith: *(rëselt d'Schëller)* dat wees ech net! *(geet bei d'Fenster)* Géi elo mol hei ewech!

Benni: Firwaat? Hei ass jo keen. An de Bopi kann näischt héieren. *(hëllt enner dem Paltong een Hoar eraus, grad esou eent wéi de Bop eent huet)* Hei, huel dat heien a géff him dat! An mach waat ech der gesoot hun. Elo ass de Moment do!

Edith: Dat gleewen ech net! Wann e mir duerfir net béiss ass?

Benni: Firwaat soll de Bopi dir béiss gin?

Edith: Ech wees et net! Nemmen, d'Tatta Berti war elo grad esou schmalzbiedelg. Ech mengen, do ass eng dohannert.

Benni: Duerfir muss de dem Bopi elo dat heien Hoar gin. Soss kritt deng Tatta et nach an d'Rei, an da muss ën vun Haus an Haff goën.

Edith: Dat gleews de dach selwer net! Benni, do denkst de awer zevill schlecht vun der Tatta Berti.

Benni: Wees de firwaat den Notär haut de Mëtten kommen soll? Wann déi haut de Mëtten zesummen daat Ee ausbréien, daat d'Tatta Berti geluecht huet, dann huet dem Bopi seng Stonn hei um Haff geschloën. An du kanns dann och däi Plonner machen an matt engem wäissen Bengel goën! Et gët deck Zäit, datt de Bopi hanner daat Spillchen gesäit.
(Hie wëllt him d'Hoar gin) Hei, huel et, ir et ze spéit ass!

Edith: Looss mech emol kucken, wat en eigentlech vu mer wëllt. Wann ën erem säin schlechten Dag huet, léisst ën sech dach an näischt an, daat wees de dach!
(Aus der Kummer héiert een datt de Bopi fest matt sengem Bengel knuppt, dann houscht ën a kënnt méi no)
Lauschter, ë kënnt! Verschwann, dat ën dech net hei gesäit.

Benni: *(net ganz gleecklech, well hien d'Hoar net lass gin ass, an mecht sech ewech)*

4. (Bopi, Edith)

Bopi: *(kënnt aus senger Kummer. Frëndlech)* Aah, do bass de jo!

Edith: *(jäitzt him an d'Ouer)* Soll ech eppes fir dech maachen, Bopi?

Bopi: Firwaat hues de mech erwäscht?

Edith: *(verwonnert)* Ech hun dech net erwäscht.

Bopi: Du muss lo net léien!

Edith: Ech léien jo guer net. Ech wees nemmen net, waats de mengs.

Bopi: A, du widerspréchs mir och nach?! Schumms du dech net?!

Edith: *(kräisch baal)* Ech soen dach näischt géint dech!

Bopi: An engem Steck trëppels de op mir erem. Kanns du mir dann net soën, dass de dech bessere wëlls?

Edith: *(verzweifelt)* Mee hun ech dach näischt verbrach!

Bopi: Ma du bass mir dach e schéint verbruetent Framënsch! Hues de mech dann net elo grad aus der Fotell gestouss. Hues du däin Bopi dann elo net grad aus der beschter Mëttesrascht gejet? Du daachs an daachs jo glad näischt!

Edith: Ma datt ass alles jo guer net wouer!

Bopi: Net wouer? D'Tatta Berti huet et awer gesinn!

Edith: *(begräift, fir sech)* t'Tatta Berti, a sou ass daat!

Bopi: Dem Kniecht de Kapp verdréien, daat ass alles watt's de kanns. Mach esou weider, da geet et dir grad wéi denger Mamm.

Edith: *(entsaat)* D'Mamm huet näischt schlechtes gemaach! An d'Tatta Berti ass eng Lijenesch. Dass de daat emol wees!

Bopi: So mir näischt géint d'Berti. Hat suergt fir mech wi keen aaneren. Do feelt mir näischt.

Edith: D'Tatta Berti bedréit dech, Bopi!

Bopi: Waat? Asou, du gëss och nach frech?! Elo hun ech es äwer genuch mat dir. Ech wëll näischt méi vun dir héieren! *(hien geet, a stéisst de Staaf fest op de Buedem, well en sech iergert. Riets of)*

Edith: Bopi, daat ass alles guer net wouer!

Bopi: *(héiert näischt méi, a geet rosen raus)*

Edith: *(léisst sech op e Stull rutsche, fängt un ze pinschen)*

5. (Berti, Edith, Lisi, Hutzekatz)

Berti: *(kennt vun lenks eran)* Ou, wat hues du dann ze pinschen?

Edith: *(wësch sech d'Tréinen a wëllt roueg lanscht hat rausgoën)*

Berti: Kanns de net äntwerten?

Edith: *(geet ouni Äntwert lanscht hat. Et däerf kengesfalls iwerdriwen wierken)*

Berti: *(iwerdriwen frëndlech)* Oh, ass et wirklich esou schlëmm? Wien huet der dann eppes zu Leeds gedoen, soo emol?

Edith: *(dréit sech an der Diir em)* Misst du dat net grad esou gudd wëssen wéi ech?

Berti: Hellsehen kann ech leider nach net!

Edith: *(brécht aus sech eraus)* Wéi kanns du dem Bopi esou Lijen ophänken?

Berti: *(liicht fäerdeg)* de Bop. Op deen brauchst de guer net ze lauschten! Deen ass aal a knaddereg. Dee muss de alt schwätze loosse.

Edith: *(kuckt hat ausser sech un)* An daat sees du??

Berti: Jo, aale Leid muss een de Wëlle loosse, soss sin se net zefridde. *(Dobaussen tuut een Auto – et soll een de groussen Won aus der Tuut eraushéieren)* A, do kënnt schon de Notär. Wuer ass de Bopi dann elo schon erem hin?

Edith: De Bopi ass aus gangen.

Berti: Laaf en mol séier sichen, ech muss mech em den Notär këmmen. A so och dem Eugène Bescheed.

Edith: Jo. *(geet no lenks of)*

Berti: *(wëllt no lenks goën, bleiwt awer een Ableck stoën, well et durch d'Fenster gesäit)* O mei! A wien kënnt dann do esou ongeleeën. D'Lisi Tëntefleck! Ma daat huet mer elo nach grad hei gefeelt!

Lisi: *(kënnt vun lenks eran, an iwerfällt d'Berti mat engem Wasserfall vun Wierder)* Moien, Berti! Hein, lo winners de dech, hein? Mat mir haas de net gerechent! Du wäerts dech och nach elo gläich wonneren, wanns de héiers, firwaat ech heihinnerkomm sin a waat fir eng Iwerraschung ech dir matbruecht hun. Aan wäerts de maachen, Berti! Oh, ech sin esou gespaant, wat's du sees, wanns d'et héiers. Setz dech emol léiwer op e Stull an haal dech fest un, soss kënns de nach vu Schreck an den Dadder faalen.

Berti: *(roueg, et léisst sech net duerch déi vill Wierder beandroocken)* Bass de elo grad mam Auto komm?

Lisi: Jo, a wat fir en Auto! E groussen Mercedes! Fonkelnotznei! Alles a Lack a Klack a vill Chrom, dee blenkt!

Berti: *(onbeandrockt)* Ech hu gemengt, et wir den Notär, dee komm wir.

Lisi: Lauers du op den Notär? Oh, deen kann sech dach keen esou een Auto leeschten. Dat kann nëmmen een! *(Metti Hutzekatz kënnt eran)* Kuck hei ass ën! Däin aalen Bräitjemann! *(freet sech mächtig)* Nu so emol, dat ass dach wuel eng Iwerraschung oder ass et keng!

Hutzekatz: *(An engem modernen Kostüm)* Hahhaahhhhaaaa! Dat hätt de der wuel net geduecht, wéi?!

Berti: *(elo awer baal duercherneen)* Den Metti Hutzekatz! Neen, am Dram hätt ech emol net un deen geduecht!

Lisi: *(zefridd)* Dann huet d'Iwerraschung jo komplett duerchgeschloën!

Hutzekatz: *(streckt dem Berti d'Hand entgéint)* Hein, wëlls de dengem fréieren Bräitjemann net wéinstens d'Hand drécken.

Berti: *(ass net begeeschtert, dréckt him awer d'Hand)* Bräitjemann? Dat ass dach awer ë wéineg vill iwerdriwen!

Lisi: Waat? Ech mengen, et war tëschent iech zwéin dach net esou ganz ouni eppes dohannert!

Berti: War emol. Mee haut ass et aus!

Hutzekatz: Jo, ech weess. Du hues dir den sturen Eugène missen angelen.

Berti: Hien ass e gudde Bauer.

Hutzekatz: Awer kee Käerel. Mat mir häss d'et vill besser getraff gehaat!

Berti: Du haas mir vill zevill Wand hanner den Oueren!

Hutzekatz: Dee Wand huet mir schon ee schéine Batz Monéiten zesumme gebloosen. Du miss emol mäin Restauratiounsbetrieb zu Réimech gesinn. Dat ass kee kleng Kacka méi!

Berti: *(nach ëmmer reservéiert)* Et freet mech, dass d'et zu eppes bruecht hues.

Lisi: *(si kann et net mi aushaalen)* Mäi Gott! Berti! Ass dat deng Art a Weis. Wëlls du dann denge Gäscht net emol ë Stull ubidden?

Berti: Asou, jo! Huelte Platz. Ech maachen Iech eng Taass Kaffi. Stell du alt mol d'Taasen op den Dësch, Lisi. Et ass haut esou ganz duerchenaaner hei. Mir warden op den Affekot, pardon den Notär

Hutzekatz: *(den sech riets un den Dësch gesaat huet verzitt eng Minn)* D'Affekooten gewannen ëmmer, a wann et och nëmmen deng Suen sin!

Berti: *(beim Uewen mam Kaffi beschäftegt)* De Bopi wëll dem Eugène den Haff iwerschreiwen!

Hutzekatz: *(lacht)* Waat, soll den Eugène elo endlech emol eng lang Box ukréien?

Lisi: *(stellt d'Taasen op den Dësch)* Beim Berti dach awer net!

Berti: Këmmen dech emol einstweilen em däin eegenen Eugène! Dee muss jo nach all Dag dräimol drësche geluecht gin.

Hutzekatz: Kanner, sidd dach frëndlech maddenaaner. Dreiw net een deen aneren op de Bam. *(lacht)* Nëmmen, wann ech drun denken, wéi dir zwéin Äer Häeren un der Gidd hut, da kann ech mech freeën, datt ech nach net anzwouscht hänke bliwe sin!

Berti: *(kënnt mam Kaffi)* Asou, dann hues de nach emmer net dat richtegt fonnt?

Hutzekatz: *(himmelt d'Berti un)* Dat richtegt ass mir jo duerch d'Latte gange.

Lisi: Free dech, soss wirs du och elo enner der Schlapp!

Hutzekatz: Hahahaha! Ech net! Esou séier loosse ech mir d'Box net ausdoën.

Berti: *(huet Kuch geholl)* Kënnt dir näischt anescht wéi Eefällegkeeten schwätzen? Hei, Lisi, stopp dir den Götschel mat Kuch. Gräif dichteg zou, da kanns de de Puechtfrang haut gläich ofwiergen.

Lisi: Maar ass dach eréischt Gehaansdag!

Berti: Du kanns en äwer schon haut kréien!

Lisi: Ech kommen gäer mar erem.

Berti: Dat géing dir esou passen! Dir zweemol de Renzelchen mat Kaffi a Kuch vollstoppen.

Lisi: Dat hun ech Gehaansdag zegudd! Dat steht esou am Akt.

Hutzekatz: Wat héieren ech? Huet dir e Verdrag gemach mat Kaffi a Kuch dran?

Berti: Ooch, am Grondbuch steht esou eng aal Topegkeet. Et war scho lang vergiess. Mee d'Lisi huet et erem ausgegruewe.

Lisi: Ma datt géllt jo awer och nach ëmmer. A wanns de déi aal Këscht hei erem a Schwonk wëlls setzen, da muss de dech wuel schon drun haalen.

Hutzekatz: Wat Berti! Wëlls du dëse gottverlossene Kaff erem a Gang setzen?

Lisi: Jo, dat wollt hatt. Duerfir huet et jo alles hei op "antikesch" ëmstelle gelooss.

Hutzekatz: (*kuckt sech interesséiert ëm*) Guer keng esou eng schlecht Idee! Mensch, Meedchen, ech gesinn, du kanns et awer net loossen. Du bass eben hannert enger Théik hier, an dat bleiwt un engem hänken.

Lisi: Mee dat de Bopi dorobber agangen ass? Dee wollt jo säi Lebchesdag näischt vun engem Bistro wëssen.

Berti: Oh, de Bopi quält sech net vill domadder. Hien ass frou dass hien esou eng gudd Fleeg huet. An déi bleiwt him jo bei mir garantéiert.

Hutzekatz: (*päift duerch d'Zänn*) A esou ass dat! An duerfir muss hien dem Eugène den Haff iwerschreiwen! An da brauchts de kee méi ze froën. A esou ass dat!

Lisi: Dach, mech muss hat froën!

Berti: Dech?

Lisi: Nuje, dann mäin Mann alt, dat ass awer dat selwegt!

Hutzekatz: Wat hun d'Tënteflecks dann domadd ze din?

Lisi: Ma mengem Mann, dem Tobias Tëntefleck gehéiert dach de Grond a Buedem op dem de Bistro hei steht.

Hutzekatz: Da gehéiert him jo och d'Zaaprecht!

Lisi: (*stolz*) esou ass et!

Hutzekatz: Ma dat ass dach awer ë komeschen Zoustand!

Berti: Et ass eigentlech nëmmen eng Formsach. Wéi dem Bopa säi Papp deemols d'Tënteflecks bestued huet ass de Bistro als Ierwschaft un den Summesch Haff gefall. Mee den aalen Tëntefleck wollt net dat den Numm Tëntefleck aus dem Grondbuch sollt verschwannen. Duerfir wollt'ën de Grond a Buedem nëmmen verpachten.

Lisi: (*wéi ee Schoulmeedchen*)
 “Gegen eine Jahrespacht von einem Roten Sous der alljährlich dem Eigentümer an Ort und Stelle in bar auszuzahlen, und aus welchem Anlass er mit Roggenbrot und Schinken – welcher aus dem Papenschnitt zu nehmen ist – sowie einer Kanne sauren Bieres gehörig zu traktieren ist.” (*mat Freed*) Gesäis de, an elo ewell mäi Mann als läschten Tëntefleck de Grondeegentemer vun dem Land enner dem Bistro gin ass, huelen ech mir all Joër d'Pacht um Gehaansdag.

Hutzekatz: (*lacht*) Ma dat ass jo e Schreiwes vun Anno Tubak. An bestëmmt hun së deemols dat mat enger schwéirer am Biitz zesumme gestallt, well haut gët et dach kee saure Béier méi.

Berti: Duerfir kritt d'Lisi jo och nëmmen eng gudd Taass Kaffi an en gehéieregt Steck Kuch duergebotzt.

Lisi: Nujee, esou gudd ass de Kaffi nun och meeschtens net.

Berti: Am Vergläich zu saurem Béier awer nach ze gudd.

Hutzekatz: Ma da steht jo dat ganz Gebei, dat heescht den ganzen Summesch Haff, op aner Leits Grond a Buedem!

Berti: Neen, nëmmen de Virbau, den fréier den Tënteflecks Bistro war. D'Hauptgebei, d'Ställ an all dat anert steht op Summerbuedem.

Hutzekatz: Jongejong, ass dat do en verzweckten Buttek. Dat hätt dir dach scho lang missen ëmännere loossen. Dat passt dach guer net méi an déi heideg Zäit.

Lisi: Dat hun ech him dach schon esou dax gesoot. Mee hat wëll jo mol iwerhapt net drun denken fir e puer dausend Frang eraus ze recken an et ze kaafen.

Berti: Komm du all Joër, an huel du däin roude Sous an eng Taas Kaffi. Dat gët mech e gudde Batz méi bëlleg. An d'Zäit schafft fir mech! (*kuckt op d'Auer*) Ma dass den Affekot nach emmer net hei ass? Hie soll schon um 3 Auer hei sin. Oh, do kënnt jo een. Dat wäert ë wuel sin?

6. (Tobias, Lisi, Hutzekatz, Berti)

Tobias: (*Bréifdréiher, mat der Täsch ëmhänken*) Moien!

Lisi: (*an d'Luucht*) Tobias, wou der Jomer kënns du dann hier?

Tobias: (*drëschen*) vun dobaussen

Lisi: Ma wéi kënns du dann heihinner?

Tobias: Zu Fouss!

Lisi: Hues de dann däin Tour nach net gemaach?

Tobias: Neen, ech muss nach op Uwerënnen, Nidderënnen, iwer d'Bruchskopp op d'Wisebësch an den Grosbësch... (*huet op den Fangeren ofgezielt*)

Lisi: Wat, du muss och nach de Grosbësch bei d'Bieseams - Kätti? Dat kritt senger Liewdag dach keng Post!

Tobias: Neen, dat ass wouer, mee ech muss mäin Tour dach awer maachen.

Lisi: Wat? Ma da bass de jo de ganzen Tour schon erem zreck komm? (*bekuckt déi aner*) Wat ass dat fir en Dräibitz, den Tobias. Wann ech him mueres net d'Bréiwer sortéieren an andeelen da rennt en all Dag stur de ganzen Tour duerch d'Landschft och wann ën et guer net néideg huet.

Hutzekatz: (*lacht*) Jo, et ass eben ën gewëssenhafte Beamten.

Tobias: Wann ech mäin Tour net gin, da wëssen d'Leit jo guer net ob ech schon do war oder ob ech nach kommen. Wann ech elo bei engem Haus lanscht gin, ma da wëssen d'Leit dass se haut keng Post kréien an dass se net ze waarden brauchen.

Lisi: Wéinst esou Flauten leeft hien sech d'Been stompësch.

Tobias: Waart du emol de ganzen Dag op ë Bréif. Da kucks de d'Strooss of an d'Strooss erop an de Bréifdréier kënnt net an du kucks an du warts an du bass iwerhapt net sëcher op hien net awer vläicht nach kënnt. Ass dat dann net fir wuede grëmmeg ze gin. An iwerhapt sin ech ganz gudd op de ganzen Tour agestellt.

Lisi: Oh, ech verkrauden der dat nach. Nëmme fir d'Leit ze ameséieren renns de an der Géigend rondrem. A bei eis doheem wiist d'Arbëcht an

allen Ecken an Ennen mir iwer de Kapp. An näischt ass fäerdeg! – Weis emol heihinner, wat hues de iwerhapt nach an dengem Saak? (*gräift an d'Poche an hëllt Bréiwer eraus*)

Tobias: (*ass net richtig fähig, fir d'Lisi iwerhapt ofzewieren*) Dat, dat geet dach net!

Lisi: Dat geet! A kee Schrack mëchs de mir méi zevill! Duerfir suergen ech!

Hutzekatz: (*lacht*) Tja, Tobias Tëntefleck, elo huet de Postminister dech mat der Krawatsch.

Berti: Komm Tobias, setz dech an drenk emol fir d'éischt eng Taass Kaffi.

Tobias: (*den sech a säin Schicksal ergin huet, setzt sech un den Dësch*) Hei hues du och d'Tageblatt.

Hutzekatz: (*gräift no der Zeitung, zum Berti*) Wéi, kanns du der zwou Zeitungen leeschten, d'Wort an d'Tageblatt? An dem engen stin dach duebel sou vill Neiegkeeten dran wéi an dem aneren.

Berti: Tja, soss gët eisereens jo guer näischt gewuer aus der Welt. Wees de virdrun haat ech de Bonjour nach.

Lisi: (*sortéiert d'Bréiwer a schwätzt fir sech*) Sou, elo bei Kiewerleks an da Metzlech an ëm den Eck de Péiter vun de Lueden. (*Huet eng Postkaart an der Hand*) Wat ass dat dann? Eng Postkaart aus dem Schwarzwald fir den Schoulmeeschter – vum Charlotte Trusso. Kuck emol do. D'Freiësch fiert an de schwarze Bësch an mir kënnen hei um Beinert warden. Looss mer mol kucken, wat et schreift...

Tobias: Dat ass Postgeheimnis, dat....

Lisi: Wat's de net sees! Dat ass eng oppe Postkaart, déi jidderee liese kann, dee liese kann! (*liest*) "Léiwen Här Streng! Déi schéinste Gréiss aus dem herrlechen Schwarzwald scheckt Iech Äert Charlotte Trusso. Op dat fiipecht Charlotte sech abild hien domadden ze fëschen? (*stëcht d'Kaart bei déi aner*) d'ass fir ze laachen!

(*sortéiert weider a bekuckt sech ee Bréif genau*) Hei wat ass dann daat? Vum Geriicht? Un de Krunne Metti och nach? Wat soll deen dann ausgefriess hinn? (*Hëllt de Bréif géint d'Luucht*) Schued, et gesäit een näischt. (*stëcht de Bréif erem bei di aner a sortéiert weider*)

Hutzekatz: Majo da, esou get hei um Dueref d'Zensur vun de Bréiwer gemaacht, majo dann!

Lisi: (*hiewt e Bréif an d'Luucht an buchstawéiert*) Hii-gii-ne in Ehe und Familie! – An Herrn und Frau Emil Krebs! Flute! Eréischt 3 Wochen bestued an schon hunn s'ët mat der Hii-gii-ne ze din. Ass dat nach dran. Schumme sollen se sech!

Berti: (*ass emmer méi béis gin, wéi si dem Lisi nogelauschtert huet*) Elo geet et mir awer glad duer! (*Erwëscht d'Bréiwer an stëcht se dem Tobias an d'Bréifpoche*) Muss du hei an d'ganz Post schnoffele goën? Elo wees ech och wien emmer de ganzen Tratsch duerch d'Duerf dréit! Tobias, hei huel deng Siwesachen an kuck dass de deng Tourni gemaach kriss.

Lisi: An dass de mir genau der Rei no gees! A kee Schrack zevill!

Berti: Am beschten du gees direkt mat an hëlls hien un der Lengt, dat ën nëmmen net vum Wee ofkënnt.

Lisi: Wëlls de mech ieren eraus geheien?

Berti: Dat net grad, nëmmen den Notär soll all Ableck kommen an dann hun ech keng Zäit méi fir dech.

Lisi: Awer fir den Här Hutzekatz hues de natirlech nach vill Zäit.

Berti: Mat dem wollt ech nach eppes besprieche. Nëmmen dat geet dech jo och guer näischt un.

Tobias: *(ass opgestanen a bei d'Diir gangen, bleiwt stoën a seet)* Notär? Hues de net elo grad Notär gesoot? Majo sëcher, esou war et, Notär has de gesoot *(hëllt seng Kaap vum Kapp a gräift dran)* Do hätte mir jo nach een Urgent, fir Iech vum Notär vu Fiederliesens.

Berti: *(räisst him de Bréif aus der Hand)* En Urgent! An dat sees du Hauwekapp elo eréischt?

Lisi: Wann ech him haut de mueren d'Post sortéiert gehaat hätt, da wär hien haut de mueren schon domadden hei gewiescht. Do gesäis de wéi et geet, wann ech mech net drëm këmmere kann.

Berti: *(mat dem Bréif beschäftegt)* Jojo, d'ass gudd, looss mech elo a Rou et ass schon gudd esou!

Lisi: Tobias! Komm! Äddi, Här Hutzekatz, mir gesin eis mar schon vläischt erem.

Hutzekatz: Jojo, dat kann esou erausgoën, ech bleiwen vläicht nach een Dag hei.

Lisi: A nach villmols merci dat der mech matgeholl huet an äerem Won.

Hutzekatz: Oh, dat war mir eng Pläséier.

Lisi: Äddi och Berti *(dat äntwert net, well et mam Bréif beschäftegt ass)* Komm Tobias, hei si mir ze vill! *(allenzween no lenks of)*

7. (Hutzekatz, Berti, Bopi)

Hutzekatz: *(bliedert an der Zeitung an hält op emol stëll)* Der Däiwel huel mech, dat huet nach grad gefeelt! *(moschtert d'Berti, dat nach ëmmer mat sengem Bréif ze entzifferen am Gang ass, an rappt ë Blad – eng Säit – aus der Zeitung, faalt se zesummen an stëcht d'Säit an d'Täsch)* Sou! *(zum Berti)* A wéi ass et dann? Keng gudd Nouvelen? Du mëchs jo sou en driibsecht Gesiicht?

Berti: *(ganz aus dem Haischen, setzt sech op ë Stull)* Den Notär schreiwt Kann erst morgen kommen! Do mengt ee jo et hätt een all dat Gemëch beiënaner an dann geet erem alles deruechter!

Hutzekatz: En Dag méi fréi oder méi spéit, dorobber wäert et wuel dach net ukommen.

- Berti: Du kenns den aale Bopi Summer net. Déi ganz fënnëf Joër wou ech elo schon hei um Haff sin, hun ech mech geploot fir hien endlech esou wäit ze kréien dat hien dem Eugène den Haff soll iwerschreiwen. Wat hun ech misse Knéifäll machen an him hannen ëraa krauchen. Hun hien baal an Hunneg a Sirup geweckelt! An wann ee mengt, et hätt een hien esou wäit, da fängt en erem mat dem aale Gesouers un. – Neen, neen, mir ass d'Loscht elo scho baal vergangen.
- Hutzekatz: Esou eng Frau wéi's du gehéiert och net op esou een Haff. Wat war dach d'Neimillen am Schwonk wéi's du nach do hues dierfe kommandéieren! All Dag struppe voll Leit. An do huet de Wirt eng Dommheet gemach, wéi en dech goë gelooss huet. Do ass elo glad näischt méi lass.
- Berti: Hien hätt mech jo gären dogehaalen, nëmmen de Mënsch muss och emol op eegene Féiss stoë kënnen.
- Hutzekatz: An duerfir hues de misse just op dëse Mëschtekoup faalen, fir dech hei ofzerackeren.
- Berti: Wou's de elo mol schon hei bass, geng ech emol ganz gäer mat dir schwätzen. Wéi ech den Eugène bestued hun, hun ech och direkt dru geduecht dat de Bistro um Summesch Haff aus der Ierwschaft soll erem op d'Been bruecht gin. Den Aalen huet en net grad verloudere gelooss, mee et ass nach méi dran wéi nëmmen Sabbelbéier fir d'Heeleid. Dat war awer och alles. Hien wëllt net denen aneren hiren Hännens spillen huet en emmer gesoot, an him ass et domadden duergangen.
- Hutzekatz: An elo huet en awer nogin?
- Berti: Hien weess jo net wat ech wëll. Dat dierf en jo och net wëssen ir hien dem Eugène den Haff iwerschreiwen huet.
- Hutzekatz: An den Eugène ass domadden averstanen?
- Beti: (*gerengschätzeg*) Den Eugène, deen, hmm, dee gët guer net gefroot!
- Hutzekatz: Du, hei misst ech meng Hänn derzwëschen hun. Hei wir jo eppes draus ze machen! Alles op antik! Den Ufank ass jo schon ganz gudd. Mee méi grouss, méi nobel, mat engem Wuert, méi groussarteg muss et gin! An am Summer natirlech mat Gardenwirtschaft. (*kuckt zur Fenster eraus*) Et ass jo wonnerbar! De Gard geet bis bei de Bësch. Do genge d'Stieter sech drëm räissen fir den éischten hei ze sin. Ech gesin dat schon alles ganz bildlech mat mengem fotografeschen Aa. E Betrieb, hei, den esou ass (*Zeechen mat der Hand*) An doduerch schlebert sech esou eng flott Wirtsfra wéi's du! (*hëllt hat em d'Taille*). Du bass nach allerhand knuspreg, donnerliddchen!
- Berti: (*mëcht sech lass, well den Bopi era kennt*) Loss dat, de Bopi Summer kennt.
- Hutzekatz: (*geet strahlend op de Bopi duer*) Moië, Bopi Summer. Mech wäert der wuel net (nach?) kennen, hein?
- Berti: Dat héiert en dach net.

Bopi: *(un d'Berti)* Ass dat den Notär?
 Berti: *(brëllt him an den Trichter)* Neen!
 Bopi: Wat ass datt da fir een?
 Berti: Dat..... *(séier)* dat ass de Véihändler! En ass wéinst den Ochsen hei!
 Bopi: Da soll hien den Ochsen tèschent d'Rëpper gräifen an net dir!
 Berti: *(Kuckt den Hutzekatz an mëcht wéi wann et wéilt soën, gesäis de elo hues d'et)* Déi Mannsleid hun jo ëmmer esou Flauten am Kapp. An ech hun him jo och eng gepeffert op d'Fanger gin.
 Bopi: Dovunner hun ech awer näischt gemierkt. – Wéini kënnt den Notär dann?
 Berti: *(reecht him de Bréif)* Deen huet ofgesoot, hien kéim eréischt mar.
 Bopi: Ah, muar eréischt. Da kann ech d'Pobeieren jo erem asperren. *(hien geet an d'Stuff fort)*

8. (Berti, Hutzekatz)

Berti: *(kuckt dem Bopi no mat engem Säifzer)* Mat dem stréidaawen Knadder ploën ech mech schon Joëren erem.
 Hutzekatz: Esou lang wéi hien nach hei bestëmme kann, gött dat nie eppes Richteges mat dem Bistro. Den aalen schengt mir jo ee richtigen Quierschkapp ze sin, dat gesäit jo schon ee Blannen. Esou lang wéi deen nach hei eremdabbert, dreiwt hien dir d'Gäsch aus dem Haus. Vun dem hues de vläicht nach lang eppes.
 Berti: Nun, éiweg wäert ë wuel jo och net liewen elo ass ë scho ferm bei den achzeger.
 Hutzekatz: Déi Zorte sin zéi an ouni Dokter stierwen së net esou séier.
 Berti: Komm, setz dech nach en Ableck dohinner. Mat dir kann ee wéinstens verstänneg schwätzen. Wann een esou ganz eleng als Framënsch setzt, iwersäit een liicht eppes. *(setzen sech erem un den Dësch riets)*
 Hutzekatz: Oh, ech wëll dech gäer drécken. Ech hunn Erfahrung op dem Gebidd. Virun allem muss en datt ganzt Gelänn vun de Summers an Tënteflecks erem beiëneen kennt
 Berti: Firwat dann daat? Den Tënteflecks Tobias wäerft mech net an ë Kéiflapp!
 Hutzekatz: Ech mengen net esou. Wann de Grond a Buedem dir bis eng Kéier gehéiert, dann kann keen méi dech och net méi an der Wiirtschaft stéieren. Duerfir gëf dem Lisi dach nëmmen déi puer dausend Frang. Hat huet dir et jo sou ugebueden.
 Berti: *(iwerleet)* Wanns de mengs?
 Hutzekatz: A wanns du ganz sëcher wëlls goën, dann muss de dee ganzen Buttek selwer kaafen, a wann dat emol am Grondbuch steht, dann kann dir kee méi eppes wëllen.

Berti: Dorobber wäert d'Lisi guet net gäeren agoën. Mir kann et näischt vergonnen. Wann et mir och nach esou vill Schmand em de Mond schmiert. Et muss schon op dem Eugène säi Numm goën. A matt dem gin ech séier fäerdeg.

9. (Bopi, Hutzekatz, Berti)

Bopi: (*Kënnt aus der Stuff mat der Kasette, déi heen elo erem an de Wandschaaf asperret*)

Hutzekatz: (*schwätzt méi lues, wéi de Bopi era kënnt*) Et wir äwer besser, wanns du et häss, dann häss de de Bopi an der Zang! (??)

Berti: Kanns roueg méi hart schwätzen, dee versteht jo dach näischt.

Hutzekatz: (*rem a normaler Tounstärkt*) Dat Besch wär, du géifs eis den Alen vum Hals schaffen. Den muss hei eraus! Gëf en op d'Rum oder an en Altersheem, wa méijlëch wäit ewech, well ... (*ass roueg, well d'Berti him hee Wenk gin huet, well de Benni era kënnt, riets*)

10. (Benni, Berti, Bopi)

Benni: (*vu riets eran*)

Berti: (*béiss*) Wat ass dann elo schon erem lass? Wat wëlls de?

Benni: De Bauer mengt, mir kënnten haut de Mëtten nach mat Méihen uffänken. Elo wollt hie wëssen, op mir op der Hood oder an de kromme Längten sollen uffänken.

Berti: An de kromme Längten, datt ass dach kloër, well op der Hoot géif hien dach erem net fäerdeg gin!

Bopi: (*Hien huet d'Kasette verstaute, huet awer nach net de Schaaf zougesperret*) Wat ass lass?

Benni: (*ir d'Berti et verhënnere konnt, jäitzt de Benni dem Bopi a säin Hoar*) Op mir an de kromme Längten uffänken sollten mat méihen oder op der Hood.

Bopi: Fir d'éischt op der Hood, wees hien dat nach emmer net, dass mir all Joër Schwieregkeeten do kréien, wann et bis uffänkt mat de Wiederer, da versaufe mer matt dem Leederwon.

Berti: (*zum Bopi*) Jo, jo, Bopi! Mir gin schon eens, mir machen schon esou wéi's du et fir gudd fënns.

Benni: Gudd, da méihen mir op der Hood.

Berti: Wat en dommt Geschwätz! Fir d'éischt an de krommen Längten, dat ass eng kleng Wiss, well un Reen ass nach guer net ze denken a mach elo dass de eraus hei kënns.

Benni: Da musse mir wuel de Fleck virun d'Méihmaschinn spannen.

Berti: Neen, de Fox get firun d'Méihmaschinn gespannt, well ech brauch de Fleck fir hanneno an d'Duerf ze fueren.

Benni: De Fox ass awer nach net sècher genuch fir an der Maschinn ze goën.

Bopi: Wat ass? Ass nach eppes? *(Hie kënnt mam Hoar am Grapp op de Benni duer)*

Berti: *(brëllt de Benni un)* Dajee, eraus elei, a vif!

Benni: *(jäitzt dem Bopi an d'Ouer)* Ech mengen, mir sollen de Fleck virun d'Maschinn spannen.

Bopi: Dat ass dach kloër, de Fox ass dach nach vill ze spilleg.

Berti: *(zum Bopi)* Jo, Bopi! Et gët alles esou gemacht wéi's du et gäeren hues!

Benni: Gud, dann huelen ech also de Fleck eraus.

Berti: Rem elei, mings du ech soll matt dem Fox an d'Duerf, fir Hals a Been ze brieche? Dorausser gët näischt. Dir sidd zwee stark Männer a kënnt gudd mam Fox fueren. Esou, an elo eraus elei!

Benni: *(mustert den Hutzekatz nach kritesch an dann geet ën)*

11. (Hutzekatz, Bopi, Berti, Edith)

Hutzekatz: *(ass während dem Gespréich lanscht dem Bopi säi Geheimfach geschlach an huet sech et interesséiert ugekuckt, iwerem lanschtgoën huet ën mam Fouss d'Eisendiir op an zou gestouss)*

Bopi: *(dreckt den Hutzekatz op d'Säit)* Wat hues du hei ze schnoffelen? *(hien knéit nidder a sperrt d'Diirchen erem zou)*

Hutzekatz: *(iwerdriwen)* Oh, pardon, näischt fir ongudd! *(zum Berti)* Dat ass mer awer en aparten Wandschaaf.

Berti: *(lacht)* Joo, aus dem Uewenpäifelach huet hien sech e Geheimschaaf baue geloss.

Hutzekatz: Aha! Dann ass dat wuel säin Geldschaaf!

Berti: Dat weess ech net. Eis leisst ën jo net dra kucken. Nëmmen esou vill wéi ech wees bréngt hien och näischt méi op d'Bank oder op d'Spurkeess, well si him do emmer vill ze vill Fisematente maachen. Ennerschreften hei an Ausweis do. An irgendwou muss hien jo bal seng Pacht, déi hien vun eis kritt, hin din!

Hutzekatz: Wat, dir bezuelt och nach Pacht?

Berti: An net ze knapp! De Bopi schenkt eis näischt fir näischt.

Hutzekatz: Oh mei, Berti, da bass de hei net vill wieder wéi eng Mood. An dat léiss du dir gefaalen?

Berti: *(schnell op de Bopi lass, den sech beméit erem op d'Been ze kommen, nodeem hien säi Geheimfach zougespart huet)* Komm Bopi, ech hëllefen dir! Gesäis de! *(féiert hie mat vill Emstänn bei seng Fotell)* Komm, setz dech erem an deng Fotell, du wärs scho midd sin. Da

- raschst emol ë bëschen. Haut hues de der jo réicht missen d'Mëttesrascht em d'Ouren schloën.
- Bopi: *(knoutreg)* Dat sin ech och! Déi éiweg Affekotengeschicht huet mech jo schon erem ganz schéin deruechter bruet.
- Berti: Jo, jo! Ma elo sätz de jo schon erëm. Kuck emol hei, ech paaken dech och an eng gudd wëllen Decken, dass de eis net erkaals bei der Fenster. Soll ech dir och déi nei Zeitung brengen, da kucks de och nach ë wéineg do dran.
- Bopi: Ech hun elo Duuscht!
- Berti: Wëlls de eng Taass Kaffi?
- Bopi: *(mouckeg)* Mëllech!
- Berti: Gudd! Ech brengen dir och eng schéin Taass Mëllech *(schëtt him Mëllech an eng Taass a setzt se niewent hien op d'Fensterbänk)* Sou, elo drenk emol e gudde Schotz.
- Bopi: *(gräift no der Taass, drenkt a mëcht d'Aën zou, wéi wann hie wëllt schloofen, a gapst ausgiebeg)*
- Berti: Sou, elo loosse mer hien emol mat Rou.
- Hutzekatz: Jo, et get Zäit, dat ech weider kommen. Ech muss nach an d'Staad. Mat dem Emwee heihinner hat ech guer net gerechent. Da kucken ech mar alt nach eng Kéier hei eran.
- Berti: Dat wär léiw. Ech geng dach gären déi Sach vun der Wiirtschaft mat dir besprieche.
- Hutzekatz: Jo, do kanns de dech ganz op mech verloossen *(well d'Edith era kënnt)* Oh, Krenonzeng am Schaaf!
- Berti: Oh, sidd dir nach net méihen?
- Edith: Si wëllen nach eppes ze drenken mathuelen. Et as esou dompeg dobaussen.
- Berti: Huel eng Fläsch Bottermëllech mat, dat läscht den Duuscht gudd. Raum awer nach den Dësch of, iers de gees.
- Edith: D'ass gudd. *(fängt un ofzeraumen)*
- Hutzekatz: *(den hat mat spillegen Aën gekuckt huet)* A wien ass dat dann?
- Berti: Dat ass dem Bopi senger Dueschter hiert. Komm elo, mir gin. *(allenzwee no lenks of)*

Edith: *(raumt of, a kuckt op de Bopi, den am Hallefschloof virun sech tomt an eppes potert)*

Benni: *(séier vun riets eran)* Kenns du deen decken Monsieur, deen elo hei niewent denger Tatta Berti erausgangen ass?

Edith: Neen.

Benni: Dat ass mir keng propper Sach mat denen zwéin. Déi hun eng am Schnaa. Et gët héich Zäit, dat de Bopi d'Oueren opgestëppelt kritt. *(Hëllt dat neit Hoar aus der Täsch)* Dat muss du him nach haut bäibrëngen. Du brauchst et jo nëmmen mat dem aalen ze vertauschen!

Edith: Dat mierkt ën dach!

Benni: Et gesäit awer grad esou aus wéi säint.

Edith: Dat heien ass awer vill méi schwéier. Dat keeft hee mir ni of. Du wees hien ass esou eegensënneg. An ech gleewen och net un dat Wonner.

Benni: Oh Mammelikanner! Wéi oft muss ech der dann nach soën, dass mäi Brudder an der Staad ë Radiogeschäft huet an hien huet an dëst Hoar ën elektrëscht Hörgerät agebaut. Dat Gerät wierkt wéi ee Verstärker, an alles wat ën héiert, héiert ën vill méi haart, an grad esou fein wéi wann ë Mausoueren hätt. Wanns du dat fäerdeg brëngs, dass de Bopi dëst Gerät hëllt, dann gët hien munches gewuer, dass ëm net nëmmen d'Oueren mee och nach d'Aan an de Mond opgin.

Edith: D'Tatta Berti wäert awer bestëmmt dohanner kommen.

Benni: Dat däerfs së eben net!

Edith: De Bopi kann dat dach net fir sech haalen, wann hien erem besser héiert.

Benni: Wanns du him et richteg bäibrëngs, dann ass hien net esou domm fir eppes ze soën. Hie wees nach wat ë wëllt, an esou domm ass ën elo awer och alt net.

Edith: Wann ën nëmmen net esou béis iwer mech wär.

Benni: Du wees wem's de dat ze verdanken hues.

Edith: Ech wees net. Benni, mir wëll esou eng hannerlëschtgeg Sach guer net an de Kroom passen. Komm loossen mir dat léiwer sin. Loosse mer einfach vum Haff fortgoen. Mir schloën eis schon iwerall erduerch.

Benni: Lauschter emol, wees du iwerhapt, wat déi wëlles hun? Si wëllen de Bopi vum Haff erofjoën.

Edith: Mäi Gott, dat däerfen së dach net machen, dat kënnen së dem armen Mann dach net undin.

Benni: Wéi ech éineschter hei lanscht gangen sin, hun ech nach matkritt, dass den Aale vum Haff misst, wa méijlech wäit eweg, huet deen Speckhiwel gesot, den elo grad erausgangen ass.

Edith: Ass dat wouer?

Benni: Esou sëcher wéi ech hei virun der stin!

Bopi: *(knoutert am Schloof)*

Edith: (*kuckt de Bopi, no kurzer Iwerleeung*) Gudd! Gëff den Verstärker hier. Ech wëll et versichen! Sou, an elo séier fort hei! Soss schléift hien ganz an, an da wär et ze spéit!

Benni: (*frou*) Mach et gudd (*hie geet schnell no riets of*)

13. (Edith, Bopi)

Edith: (*geet mat dem neien Hoar bei de Bopi, knéit niewent hien an hält him dat neit Hoar bei d'Ouer. Hat schwätzt ganz lues*) Bopi, héiers de mech?

Bopi: (*knoutert am Hallefschloof*)

Edith: Kanns de mech verstoën, Bopi? Ech schwätzen ganz lues mat dir.

Bopi: (*knoutert erem*)

Edith: Héiers de mech, Bopi?

Bopi: (*nach am Hallefschloof*) Wat wëlls de dann?

Edith: Ech muss dir eppes soën. Bopi, wëlls de mir net een Ableck nolauschteren?

Bopi: Da schwätz schon.

Edith: Mat dem neien Hoar hei kanns de dach ganz gudd héieren!

Bopi: Ha, alles ganz genau!

Edith: Dat hun ech dir matbruecht. Ma elo muss du et awer och emmer gebrauchen, në?

Bopi: (*leet onbewusst d'Hand op seng Hoer*) Jo, dat ass léif vun dir. (*Erwächt*) Wat, wat du bass et! Du onverschimmt Mouk. Hues de mech net eréicht aus dem Schloof gerappt. Du kanns wuel net aneschter wéi mech ze iergeren?

Edith: (*opgereegt*) Ma Bopi, Bopi! Net béis gin. Kuck emol hei dat neit Hoar! Dat...

Bopi: (*ënnerbrécht hat erem*) Mach dass de eraus hei kënns, du... (*Hien hält nach emmer d'Hoar bei säin Ouer. D'Auer schléit 3*) Wat, wat ass dann dat elo? Hun ech elo d'Auer héieren schloon? Dat hun ech jo schon 10 Joër net méi héieren.

Edith: (*ausser sech vu Freed*) Jo, Bopi! Dat kanns de elo alles héieren mat dengem Verstärker.

Bopi: Wat ass dat? E Verstärker? Ah, du Leisdeiwels Meedchen, du ...

Edith: Net dech iergeren, Bopi! Verstéi, elo kanns de erem alles héieren! Ech hun ët dach nemmen gudd gemengt! Free dech dach. Wann et och ë wéineg méi schwéier ass wéi dat anert. Dorunner gewinnt een sech nach! A mir brauchen elo net méi esou ze jäitzen. Héiers de, ech schwätzen ganz lues mat dir. Bopi, sief elo erem ganz léiw, ne? An ...

(*dobaussen kréit en Hunn*)

Bopi: Huet elo net en Hunn gekréit?

- Edith: (*freet sech*) Jo Bopi! Och deen kanns de elo erem héieren. A wanns de op dee Knapp drecks, da kanns du esou guer d'Ticken vun denger Auer héieren. Probéier emol.
- Bopi: (*trëppelt bei d'Auer a lauschtert. Mëcht d'Ticken vun der Auer no*) Tick, tack, tick, tack, ... Ward emol, an bei der Fenster. Mol kucken, wat et do alles ze lauschteren gët. (*Hinger gackeren*) Hee, sin dat eis Hinger?! (*eng Kou brëllt*) An do brëllt jo och d'Kou. Wat fir ee Gesank fir meng Oueren. (*Gänse schnadder*) A firwat schnadder dann elo d'Gänsen? (*E Poufank schlet*) An do, héieren meng Oueren richtig. War dat elo net e Poufank. (*Hie freet sech wéi ë Kand*) O nee, o nee, ass dat nach dran mat der neier Technik? Wie kënt nemmen op esou Ideeën? Dat do ass e Wonnerwierk!
- Edith: Jo, Bopi! Elo kanns de erem gudd héieren!
- Bopi: Jonge, jonge, dat do ass e famoust Steck! Elo kann ech erem héieren. Alles kann ech héieren. Nee watt eng Plëséier! Dat muss ech direkt dem Berti an dem Eugène soën! Wat wäerten déi sech freeën! (*Hien stolpert opgereegt zur Diir aus am stéisst mat sengem Bengel emmer un*)
- Edith: (*wëllt hien zreckhaalen*) Bopi! Nee! Nëmmen dat net. Elo dierfs de dat dach net verrooden!
- Bopi: (*ausser Rand a Band*) Gläich sollen së wëssen, dat së elo net méi brauchen ze jätzen. Nee, wat wäerten déi sech freeën! (*Hien rennt queesch iwer d'Bühn riets of*) Eugène, Berti, Berti!
- Edith: (*verzweifelt hannerun him*) Bopi, Bopi!
(*Et héiert een de Bopi baal net méi, d'Edith kennt erem eran a setzt sech op e Stull a kräischt*) Elo war alles emsoss!

14. (Berti, Edith)

- Berti: (*kennt séier vun lenks eran*) Wat hues de dann elo schon erem ze brëllen?
- Edith: (*steht op a kräischt a wëll goën*)
- Berti: Wou ass de Bopi dann eigentlech? Haas de dech erem mat him? Du kanns den aale Mann och net roueg schloofe loossen.
- Edith: (*geet op d'Diir riets*)
- Berti: (*well d'Edith net äntwert*) Verbruet Framësch! Soo dem Eugène Bescheid, hien kéint de Fleck huelen fir un d'Méihmaschinn, ech géif mam Auto matgeholl gin fir an d'Duerf.
- Edith: Jo, d'ass gudd! (*hat geet riets of*)

15. (Berti, Bopi)

(Dobaussen tuut een Auto)

Berti: Jojo, en Ableck. Meng Posch nach! *(Hëllt së aus dem Schaaf)* Mäi Kappduch! Esou!

(Vun dobaussen kënnt dem Bopi seng Stëmm méi no)

Bopi: Berti! Eugène! Wou stiecht der dann nëmmen. Lauschtert dach emol. Berti!

Berti: Herrjee. Wat wëll den aalen da schon erem?

Bopi: *(vun lenks eran)* Berti, lauschter dach nëmmen emol! Et...

Berti: *(jätzt hart an d'Hoar)* Jo, jo, d'ass gudd, ech weess. Dat Framënsch huet dech erem geiergert!

Bopi: *(mëcht eng Grimass well et him ze hart ass)* Wat jätzt de dann esou?

Berti: *(mat normaler Stëmm, fir sech)* Soss héiers de dach näischt, du aalen Schoofskapp. *(Duerno méi hart an frëndlech)* Jo, jo Bopi! Elo beroueg dech emol! Dat Framënsch wäert herno nach seng Rafecht kréien.

Bopi: Ma du wees jo guer net ... ech ... d'Edith, dat huet ...

Berti: *(well et dobaussen erem tuut)* Ech hun elo keng Zäit fir dengem Getuuts nozelauschten. Bopi, doriwer kënne mir jo nach herno schwätzen. Komm setz dech erem an däi Stull.

Bopi: Ma ech wollt der dach nemmen erzielen, dass ech ...

Berti: *(Well den Hutzekatz nach emmer méi ongedëlleg tuut)* O wat, sabbel roueg virun! Du aalen daddregen Iebëssenzieler. *(Si ass séier lenks of)*

16. (Bopi)

Bopi: *(kuckt hier verwonnert no)* Wat huet et elo grad gesoot? Sabbel roueg virun? Daddregen Iebëssenzielert? Huet et net elo éischer och gesoot aalen Schoofskapp an vun mengem Getuuts no ze lauschten geschwat? O wart meng léif Gefuede. Ech mengen, mir gin d'Aën elo mat den Oueren hei op! E Glëck, dass ech elo emol einstweilen näischt verrooden un. Ech mengen, et ass besser, si wëssen näischt!

RIDEAU

II. Akt

En Dag méi spéit. Erëm géint 3 Auer nomëttes. Dobaussen ass et summerlech warmt Wieder, wéi deen Dag virdrun.

1. (Bopi)

Bopi: *(steet bei der Fenster lenks. Hien huet an all Hand een Hoar. Hie lauschtert eemol mat dem engen, eemol mat dem aneren). Näischt! Alles ass roueg an daaf! Elo dat anert! (hien hëllt dat aanert) Wat ee Spektakel op eemol! Et päift an remouert iwerall. Neen, dat et esou eppes gët! (geet erëm bei d'Auer) Tick, tack. Tick, tack. Tick, tack! Wonnerbar, phantastesch! (Probéiert erëm dat anert, dat dem anere gläicht). E Glëck dass een hinnen et net ofgesäit, dat et verschidden Instrumenter sinn! Dat ass jo en Drecksdëppen an fir soss näischt ze gebrauchen. Wat do net alles drasëtze soll. Hein!. Eë Verstärker huet hat gesoot. Wann een och nach esou een an de Bockel an an d'Been kéint abauen. Hein! Wuer geet dat hin mat der Technik? (Hëllt sech erëm dat neit Hoar bei d'Ouer) Elo geet mir näischt méi lanscht d'Nues. Dat ass prima!*

2. (Berti, Bopi)

Berti: *(kënnst vun riets eran)*
Bopi: *(huet si héiere kommen a stëcht dat alt Hoar enner de Paltong iwerdeem d'Berti erakënnst)*
Berti: Oh mei, ass den aalen nach emmer op de Been, wat wäert deen elo granzeg sin! *(jäitz dem Bopi an d'Ouer)* Bopi! Wëlls du haut de Mëtteg da guer keng Rascht machen?
Bopi: *(Mëcht eng Grimass, well et him ze hart ass, wenkt of)* Hein, schloofen. Neen!
Berti: Du solls awer ë bëschen raschten. Du muss monter sin, wann den Notär kënnst.
Bopi: Ech si jo scho monter. Huel mir d'Meedchen emol heihinner, d'Edith.
Berti: Wëlls de net awer eng Véierelstonn d'Aan zoumachen? Dat wir dach besser fir dech, Bopi!
Bopi: D'Meedche soll heihinner, hues de net verstanen?
Berti: *(mat normaler Stëmm fir sech)* Deen ass mir haut awer schéin knaddereg! Dat kann jo nach schéin gin! *(mecht nach emol de*

Versuch, de Bopi emzestëmmen) Bopi! Schloof dach nach ë bëschen. Et deed dir guer net gudd, wanns de emmer esou hei eremkrabbels!

Bopi: *(stéisst veriergert mat senger Bengel op de Buedem)* Ruff mir dat Meedchen heihinner. Oder muss ech mer et selwer ruffen? *(hie wëllt op d'Diir lass)*

Berti: Jo, jo. Ech laafen jo schon! *(Iwrem goën no lenks)* Aalen knadderegen Deckkapp!

3. (Bopi)

Bopi: *(huet nogelauschtert, widderhëllt mat Freed déi Wierder)* Aalen knadderegen Deckkapp! Dat häss de betëmmt net gesoot, wanns de wéissts wéi fein mäi Gehéier elo poléiert ass. Wart, d'Meedchen kënnt! *(Hien setzt sech séier an säin Stull. Hëllt säin aalt Hoar ënner dem Paltong eraus an verstoppt dat neit)* Sou, elo muss dat aalt Dreckshoar erem dru gleewen!

4. (Edith, Bopi, Berti, Eugène)

Edith: *(kënnt vun lenks eran. Well hat unhëllt, dat de Bopi erëm héiere kann, schwätzt hat mat normaler Stëmm)* Soll ech eppes machen Bopi?

Bopi: *(huet dat aalt Hoar)* Hues du eppes gesot?

Edith: *(méi no)* Op ech eppes machen soll, Bopi?

Bopi: *(hält him d'Hoar dohinner)* Du muss méi hart schwätzen!

Edith: *(verwonnert)* Ma Bopi. Hues de dann net dat neit Hoar?

Bopi: *(kënnt him mam Hoar entgéint)* Wéi? Wat?

Edith: *(packt säin Hoar un, a fillt dat et dat aalt ass)* Do, elo huet en erem dat aalt Hoar! *(Hart an d'Hoar)* Firwat hëlls de dann net dat neit Hoar?

Bopi: *(spillt sech op)* Dat ass dach nëmmen eng Spillsach gewiescht. Esou eppes hält dach nëmmen vun 12 Auer bis Mëtteg. Ech hun mir dach direkt geduecht, dass du mir näischt Eierbares géifs schenken!

Edith: Da fonkionnéiert et eben net méi. Weis mol heihinner. Vlächet ass et nach ze reparéieren.

Bopi: Dat ass schon lang ewech! *(sicht eng Ausried)* Et ass ... eh, vlächet huet deng Tatta Berti et och an d'Piffkaul trëlle gelooss.

Edith: *(Ass traureg an dréit sech em)* Asou, d'Tatta Berti huet hir Fangeren am Spill. Da kann ich mir schon alles denken.

Bopi: *(huet d'Hoar mat dem neien getosch, wéi d'Edith sech emgedréiht hat)* Wéi bass de iwerhapt un esou een topescht Spillgezei komm?

Edith: *(ass lo wirklich veriergert a jätzt him a sengt Hoar dat heen Grimassen machen muss)* Dat war keng Spillsach!

Bopi: Wou hues d'et dann iwerhapt hiergeholl? Wien huet der dat erëm ugedréiht?

Edith: *(hart an d'Hoar)* Hun ech vum Benni kritt!

Bopi: *(ass zefridden fir sech)* Asou, de Benni, ass den oach nach mat dran. *(Mëcht wéi wann ë roosen wir)* Da soo him halt hien soll sech gefällegst ëm seng Arbëcht këmmere a seng Suen net fir esou Kinkerlitzchen ewech geheien.

Edith: *(verdrësslech, lues)* Jo, et ass scho gudd. Et war jo dach alles emsoss. *(Dréit sech awer séier nach eng kéier em a jätzt dem Bopi an d'Hoar)* Bopi, ech bieden dech, loss dech herno net wëckelen wann den Notär kënnt. Pass gudd op wat's du ënnerschreiwe solls!

Bopi: *(mëcht wéi wann hien roosen wir)* Wat? Wëlls du mir oach nach Virschrëfte maache, du Schnuddelech? Léier keen aalen Aaf Grimassen machen! Mach dass de elo hei eraus kënns. Ech wëll nach ee Strapp schloofen.

Edith: *(traureg no hannen eraus)*

Bopi: *(jätzt him no)* A soo dem Benni, hie soll mir net méi mat esou Fisemattenten kommen!

Edith: *(wenkt jo mam Kapp a geet roueg lenks of)*

Bopi: *(kuckt him ganz duerchdriwen no, a reift sech d'Hänn)* Sou, fir déi sin ech elo erëm daaf wéi eng Är, grad wéi virdrun! *(leet säin aalt Hoar niewent sech op d'Fensterbänk a verstoppt säin neit enner dem Paltong)*

Berti: *(kënnt vun riets eran a gesäit de Bopi an der Fotell. Hie mecht, wéi wann hie géif schloofen)* A, huet den aalen Iebessenzielert nun awer seng Rouh fond.

Eugène: *(vun lenks eran)* Wéini kënnt den Notär dann?

Berti: Sou géint 4 Auer soll hien hei sin!

Eugène: Dat ass jo nach eng gudd Stonn. Da kann ech de Fox jo nach vun der Weed eranhuelen.

Berti: Neen, du bleiws elo schéin hei a warts bis den Notär kënnt.

Eugène: Wéi's de mongs, Berti!

Bopi: *(gesäit dat déi zwéin him net nokucken, tauscht seng Hoaren aus a lauschtert)*

Berti: An dass d'et elo wees: dass de net dra meckers, egal wat ech soën! Fënnëf Joër lang hun ech mech missen bei dem aalen Hond de schéine Männche machen. Ech hun ë geheet a gefleegt wéi ë Wëckelkand, wann ë mech och heiansdo degoutéiert huet an ech den aalen Drach am léifsten em den Eck bruecht hätt. Wat hun ech mir misse gefaalen loossen, fir dass du elo endlech Här a Meeschter

um Haff solls gin! Mach dass de mir net elo a leschter Minut nach alles verschäiss!

Eugène: Jo, jo, ech richte mech no dir Berti. Sou wéi's du et geplangt hues, wäert et wuel richtig sin.

Berti: Dass du Hauwekapp dat emol endlech agesäis! Eleng wiers du och net schlaue genuch gewiescht fir dodrop ze kommen. Sou, komm elo. Loossen mir den Aalen nach eng Véierelstonn pennen, dat en herno och gudd opgeluecht ass.

Bopi: *(huet séier säin Hoar getosch ir d'Berti sech emgedréint huet a mécht wéi wann hie géif schloofen)*

Eugène: Wéi's de mengs, Berti!
(Déi zween gin lenks oof)

Berti: *(werft iwerem goën nach ë Blëck op de Bopi, den eifreg schnarcht)*

Bopi: *(reift sech mat Freed d'Hänn wéi di 2 raus sin)*
Wat wäerts du dech nach wonneren mäi léift Meedchen wéi gudd gelaunt däi Wëckelkënnchen herno mat dir emgeet! *(bekuckt säin neit Hoar)* Et héiert een heimadden vläicht méi Nidderträchtegkeeten wéi eiser Hergott! *(Hällt sech d'Hoar un d'Ouer ... vun dobaussen héiert een Stëmmen, et sin de Benni an d'Edith. Hien stecht säin neit Hoar séier ënner de Paltong a mecht wéi wann hie geng schloofen)*

5. (Edith, Benni, Bopi)

Edith: *(luust eran)* Jo, hie schléift. Et ass soss keen hei, komm eran!

Benni: *(och eran)* Ech kann et nach net gleewen, Edith, datt alles fir d'Kaatz war.

Edith: Hien gebraucht jo nëmmen säin aalt Hoar, kuck do läit et op der Fensterbänk.

Benni: *(Ass riets beim Dësch stoë bliwen)* So, reech mir et emol hei erower!

Edith: Ech mengen, dat geet! Esou séier erwäscht de Bopi net, wann hien bis eng Kéier entschloof ass. *(Et geet lues hanner de Bopi an hëllt säin aalt Hoar vun der Fensterbänk)* Hei, do kanns de dech selwer iwerzeegen.

Benni: *(dréint sech dem Liicht entgéint, fir besser ze gesinn)* Majo, dat ass dat aalt nach ëmmer.

Bopi: *(well si allebéid him de Rëck dréinen, hëllt hien säin neit Hoar aus dem Paltong a lauschtert)*

Benni: A wuer soll en dann eigentlech mat dem nein higefuer sin?

Edith: D'Tatta Berti hätt et an d'Piffkaul geheit, esou seet hien emol.

Benni: Ma gewass, si huet et gewass an d'Piffkaul geheit. Mee ewech geholl a futti gemacht, dat gleewen ech éischter. Esou eng

Tullepann. Den Aalen soll einfach net héieren, fir dass en hier Näischnotzegkeeten net erauskritt.

Edith: Wann hien dach nëmmen de Mond gehaal hätt trotz senger Freed.

Benni: Do kanns de näischt machen! Den Zug ass nun emol fort. Da muss hien eben domm bleiwen, wann hien et net anescht wëll. Wien net héiert, muss dann eben fillen.

Edith: Mach du de Spott net mam Bopi! Dat huet en net verdingt.

Benni: Hun ech net gemacht wat sech gepasst huer, fir him d'Oueren opzestëppelen? Wann den aalen Egepänzer selwer säin Onglëck wëllt, da kann ech him net hëllefen.

Edith: Mir däerfen de Bopi trotzdem net am Stëch loossen. Elo grad muss mir him hëllefen. Wanns de frou mat mir bass, Benni, dann muss du mir elo och hëllefen!

Benni: Edith, ma ech sin dach frou mat dir. Ech mengen, dat weess de dach! Et war och net grad esou hart gemengt, wéi dat sech elo unhéieren huet. Ech sin nëmmen ë wéineg béiss, dass eise Plang feelgeschloën ass.
(*Vun dobaussen héiert een eng Autostuut*)

Edith: Dee Jelliskapp mat dem groussen Auto ass erem virun der Diir. Pass op, déi kommen elo gangs hei eran. Looss mir eis séier verdrëcken.

Bopi: (*huet säin Hoar séier erem verstoppt a mëcht wéi wann ë geng schloofen*)

Edith: (*hëllt dat aalt Hoar a geet domadden lues em de Bopi erem an leet d'Hoar op d'Fensterbänk. Dann geet et erem no riets*) Komm elo!
(*allenzwéin no riets of*)

6. (Bopi)

Bopi: (*wéi déi zwéin dobaussen sin, reiwt hien sech d'Fangeren an ass zefridd*) Sou, elo hun ech iech zwéin och esou wäit! Elo ass alles wéi et soll sin! (*Steet op an hëllt säin aalt Hoar*) An elo séier mat deem anzwousch hin. (*Iwerleet*) A wouhin domadden? (*Hien kuckt op säin Geheimschaaf*) Jo, do kënnt keen drun! (*Geet op de Wandschaaf lass, an mëcht d'Diir op. Hien leet dat aalt Hoar eran, dobäi muss hien ganz mam Aarm eraklammen*) Sou, do läiss du mer gudd verstoppt!

7. (Hutzekatz, Bopi, Berti)

Berti an Hutzekatz kommen vun lenks eran.

Hutzekatz: *(et héiert en hien schon vun dobaussen mat senger Dreschmaschin, déi net op en Enn kënnt. Hien schwätzt och iwerem erakommen.)*

Du hues jo emol keng Ahnung wat aus dem Bistro hei ze machen ass: an dobäi läit ën eischtklasség. Net am Duerf, net un der Landstrooss, an awer ass een séier hei. De Bësch an der Noperschaft. An d'Bach, an de Milleweiher direkt beim Haus. Eng Forellefëscherei, wann ech der et soën, dat ass hei d'Sach. Déi aus der Staat lutschen sech d'Daumen fir esou eppes! Et ass einfach phantastësch. Hei feelt nëmmen nach de richtege Mann den Schwonk dra brengt, an d'Fra, déi ë gudd Kachdëppen an tiptop-Kaffi kache kann. Haame- an Kachkéisseschemieren, Fierkelsjälli, ... Hmm. D'Saft drëpst mir op den Nuebel, wann ech nëmmen drun denken, dass du, grad du, esou gudd kache kanns. Bauerenhaamen, Ietsebulli mat Mettwurst, ech kann dir schon ganz genau ë Plang machen. E richtegt Etablissement musse mir heidran machen!

Bopi: *(sëtzt op den Hippercher niewent sengem Schaf an huet mat sengem neien Hoar alles nogelauschtert)*

Berti: *(gesäit en op eemol)* Bopi, wat krabbels du dann do schon erem um Buedem erem? Ech hun gemengt, du gings nach schloofen!

Bopi: *(huet seng Kassetten aus dem Lach geholl an mëcht erem d'Diir mat engem groussen Schlëssel zou)* Mir mussen dach d'Pabeieren beieeneen hun, wann den Notär kënnt!

Hutzekatz: *(huet sech den Tresor ugekuckt)* Ma do hut Dir iech jo ë richtege Banksafe ageriicht.

Bopi: *(knoutert, bekuckt den Hutzekatz net weider a setzt sech erem op seng Platz)*

Berti: Esou versteet en dech net. *(Si beméiht sech em de Bopi a wëllt him dat neit Hoar, wat hien um Schouss leien huet an anscheinend erofruitsche wëllt an d'Hand huelen an op d'Säit leeën)*

Bopi: *(ass méi schnell, hien gräift séier säin Hoar aus hiren Hänne an hält sech et bei d'Oueren. Et muss een elo emmer gesin, dass wann een ze noo mat him schwätzt et him ze hart ass, an dass hien baal erféiert wann geschwat get. Hie seet awer näischt, schneid awer emmer eng ganz komesch Grimass derbäi an wenkt mat der anerer Hand of)*

Berti: *(jäitzt him an d'Hoar)* Mach dir et nach e bësschen bequem, Bopi! *(Si spillt vill zevill besuergt)* Sou, eng Decken kriss de och nach op d'Knéien geluecht! Sou, an elo kanns de ganz gemittlech warden bis den Här Notär kënnt. An da wäerte mir d'Sach schon an d'Rengt bringen. Et gët alles esou gemach, grad wéi's du et gär häss... - An da kachen ech Dir fir d'eischt nach eng gehéiereg Taass Kaffi, dat bringt dech esou richtig erem op Zack! *(geet bei d'Kaffimaschinn fir Kaffi opzesetzen. Zum Huetzekatz)* Sou, elo

loossen mir deen Daddertinnes, deen aale Knoutersack emol gewäerden. Dat ass dat bescht. Setz dech emol. Mir drenken dann och gläich eng Taass Kaffi mat, dobäi léisst sech alles besser berieden.

Bopi: *(huet dauernd d'Hoar beim Ouer)*

Hutzekatz: *(kuckt onsëcher op de Bopi eriwer)* Op hien net awer eppes mattkritt, wat mir hei verkasematéieren?!

Berti: Wat een him net esou hart wéi ee kann an seng Uewepäif erajäitzt, dat héiert hien net.

Hutzekatz: Hien huet se awer beim Ouer wéi e verkéierten Ochs mat der Spëtzt no ënnen.

Berti: O, dat huet ën esou un sech. Hie mengt, hien geng awer vläicht emol ë Brocken opschnappen. Awer mattkréien ass net méiglech, wann een nëmmen esou einfach schwätzt wéi mir. Dat hun ech schon all déi Joëren längst erfuer. *(lacht)* Wann deen schon alles matkritt hätt, wat mir schon vun him an iwer hien geschwat hun. O mei!

Hutzekatz: Jo, daaf Leit sin jo gewéinlech och ë bësschen tibbi!

Berti: Wann hien net esou tibbi wäer, wier hien och scho lang gestuerwen. *(Mat enger Taass Kaffi an Kaffiskichelcher iwerdriwe frëndlech bei de Bopi)* Sou Bopi, hei hues de däi gudd Kaffi! Ech hun ën och extra gudd stark gemach. Ech hun ën etlech Bounen weider dra gemach, well haut esou ee schéinen Dag ass. Du wäers gesinn, deen hëlleft dir erem an d'Luucht. An ë Bréidchen mat richtigem Beienhunneg vun dersäit der Knupp, grad esou wéi's du et gären hues.

Bopi: *(guer net frëndlech)* D'ass gudd, d'ass scho gudd, mach net esou vill Fiederliesens ëm dee Kaffi!

Berti: *(geet erem bei den Hutzekatz un den Dësch)* Deem aalen Knaddertinnes mëcht een awer och näischt méi gudd genuch. *(Si stellt Kuch op den Dësch a schenkt och Kaffi eraus)* Sou, dann servéier dech och!

Hutzekatz: Dee muss eraus aus dem Haus! Dat muss de onbedengt am Akt direkt mat dra setzen. Wat ech alles hei wëlles hun, dobäi kënnen mir den Aalen net gebrauchen. An esou engem exklusiven Betrieb passt den aale Sabbelheini guer net an d'Landschaft!

Berti: Du mëchs mech emmer méi gespaant. Nemmen dat soën ech dir gläich! Mach dass d'Kiirch am Duerf bleiwt, net dass de Läpp op eemol méi lang ass wéi d'Hiem. Ech dierf mir net zevill oplueden.

Hutzekatz: Looss der emol d'Sach erklären, du wäers gesinn! Wat de Bauerebetrieb ubelängt, muss der ëmschalten. Dräi bis véier Kéi kënnen Der behaalen. Déi kommen an d'Millenhaus. Déi brauche mir fir d'Mëllech frësch vun der Kouh ze servéieren. D'Mille selwer gët eng Bar, wou flott kleng Deiwercher mat wäissen

Spützenhauwen servéieren. De Geméisgaart gët wéi ee Lustgarten ausgebaut, mat Pergoola a Sprangbuer. Uewen um Schapp maan mir eng Danzpist. Déi aal Kéi- a Päerdsstänn gin als Nischen ausgebaut. Et bleiwt alles wéi et elo ass, an da schreiwen mir als Reklam an d'Zeitung: Wëll dir an engem Kéistall gudd eessen, da sidd dir bei eis grad richtig. Haut faalen d'Leit op esou eppes eran. An d'Baakes muss hirhaalen fir de Musee. All Dag huet seng bestëmmt Musek: Méindes Jazz, Dëschdes Folklor, Mëttwochs Jodler, asw. An heibannen muss alles antik ausgesin.

Berti: Ma dat hun ech dach schon esou mache gelooss.

Hutzekatz: Wat hues du eng Ahnung wat stilecht ass. Wou sin dann d'Zënnen- an d'Kofferdëppen an Panen, wou stin dann déi geschnëtzen Helleg an Engelcher en d'Eechemiwelen?! Et muss esou eng Art modern Antikitéit gin, verstees de?!

Berti: A wou soll ech dann d'Iessen kachen?

Hutzekatz: Déi ganz Kichen kënn an de Schwengsstall. Dee gët ganz mat wäisse Plättercher ausgeluecht. Uewen um Heeknapp gin flott kleng Kimmercher gebaut fir Summergäscht. (*schmunzelt*) A wann emol ë puer Verléifter do schloofen, ass och nach näischt derbäi. Du muss jo net grad emmer nom Familjebuch froen.

Berti: Tja, ech wees net, dat gët mir awer vläischt zevill groussarteg.

Hutzekatz: Dat kann guer net groussarteg genuch gin! Du misst mäin Etablissement zu Réimech gesinn. Dat brengt Monéiten soën ech dir! Et kënn ewéi mat der Schëpp eran!

Berti: Jo, dat ass och zu Réimech! Do hues du och all Weekend a Sonndes ën onheemlechen Trapp Leit déi iwer d'Esplanad scharwenzelen wëllen. Mee hei, hei ass net emol eng Miselchen, geschweigs dann eng Esplanad. Wou huelen mir d'Leid hier?

Hutzekatz: Déi schecken ech dir heihinner! Ma wat mings de, wann ech bis ufänken Reklam ze machen, ech packen se souwisou net méi an ech brauch jo nëmmen dat Exklusivt hei ze rekommandéieren. Wat mings de wat d'Leit mat de Mënz sech drem räissen fir esou vum Hauptwee erof sech ze ameséieren. Op ë puer honnert Kilometer Emwee kënn et denen net un. Déi loossen d'Geld do sprangen, wou et Rämmidämmi gët. Pompös, exquisit, alles a Superlativen. Hei dāerfen nëmmen Leit mat Suën eran. Et huet kee Wäert mat Kaffiskränzercher unzufänken. Bei Gewerkschaftssitzungen zum Beispill setzen d'Suën vill méi labber, well een deem aneren emmer eppes vormache wëll.

Berti: An wat mache mir mat dem ville Land? 40 Hektar gehéieren zum Haff.

Hutzekatz: Dat Land verpachte mir bis op ë puer Muergen, déi mir fir eis Mëllechwirtschaft brauchen. Elo, o freck, elo hat ech baal eppes

vergiess! All dat klengt Gedéiëch wat de Kanner Spaass mëcht, muss heihinner. Zwerghinger, Fasanen, Inten, Pouhunnen, Gänsen, Schwän, alles op den Milleweiher, an eventuell och nach Fëscherei dobäi. An dann e puer Ieselen oder Ponniën fir drop ze reiden. Da kriss de och d'Leit mat de Kanner heihinner.

Berti: Nu so och nach, mer sollten hei ë puer Aafen haalen.

Hutzekatz: Dat kann guer näischt schueden! E puer Käfeger mat exotëschen Déieren! Dohinner laafen d'Kanner dach an dann eng Texasbar fir déi méi grouss Kanner an Jingdättä. An Rutschbunnen, Sandkaulen an Kluntschen, wat mengs de wat dann hei eppes lass ass. De Wanter machen mir eng Äispist an esou weider an esou fort.

Berti: Elo mach awer mol ë bëssen lues. Fir all déi Sachen muss en awer déi néideg Spéin hun. An däerf een dat och?

Hutzekatz: Alles däerf een! An dat wäert dach awer och kee Problem sin. Eng gudd Partie kriss de schon, wann der d'Véih verkaaft. Den Haff hei ass scholdfräi, an do drop kriss du gäeren boren Drot geléint. Du muss fir d'éischt den Haff an e wéineg Suën hunn, dann eréischt gin dir d'Diiren alleguerten op.

Berti: Wann een dir nolauschtert, geng ee soën, dat wäer alles esou aus dem Arm ze rëselen. Wat machen ech dann an esou engem groussen Betrieb mat mengem Eugène?

Hutzekatz: Ma den versuergt d'Kéi an all dat klengt Gedéiëch op der Kannerspillplatz. An dann sin d'Ponniën ze kämmen an d'Ieselen ze mëschten. Oo et bleiwt nach genuch fir hien.

Berti: An deen Aalen hei?

Hutzekatz: Ma dee stëchs de am beschten op d'Rum.

Bopi: *(hien huet alles nogelauschtert an mat deenen entsprechenden Grimassen verfollegt, sprengt elo an d'Luucht)* Satan! – Der Däiwel soll en huelen!

Berti: *(sprengt op, an geet séier op de Bopi duer)* Bopi? Wat hues de? Wat ass mat dir?

Bopi: *(huet gemierkt dass en eppes falsch gemach huet, an hëllt sech séier erem)* Der Däiwel soll dat verdäiwelt Kréienaan huelen. *(beckt sech a reiwt sech de Fouss)* Dat buert un engem et ass baal fir geckeg ze gin. Du wäers gesinn, et gët nach annert Wieder. Ech mengen, du muss mir emol duerno kucken. *(hie setzt sech erem op säin Stull)*

Berti: *(mat normaler Stëmm)* Ee Glëck, wann et weider net ass! *(Dem Bopi an d'Hoar)* Deet dat dann esou wéi, Bopi? Ech mengen, et wir awer elo schon erem ewech!

Bopi: *(wenkt of)* Da looss alt nemmen sin! Macht nëmmen firun!

Hutzekatz: *(kuckt ganz misstrauesch op de Bopi)* Ech haat schon gemengt, hien geng mech dermadde mengen.

- Berti: Ma gewass! Wat deen alles zesummentuut wann den Dag lang ass, dat ass Wand, Loft, nemmen esou Geblooss. Et däerf een näischt drop gin. (*Kuckt zur Fenster eraus*) O mei, do kënnt eis aal Tënteflecks! Waat, an den aalen Tobias brengt et och mat. Soss huet hat eleng de Kuch erageschloën. O non, den heite Kaffi ass dach awer ze gudd fir si! (*Séier bei d’Kachmaschin an hëllt de Wasserkessel*) Do kann emmerhin nach een Ouer voll Wasser derbäi gemach, gin fir ze verdënne!
- Hutzekatz: (*hëllt et zreck*) Nee, nee! Nemmen dat net! Du wëlls him dach haut de Grond a Buedem ofzwacken! Da muss de schon drun wéi un ë réit Ee. Dat Bescht muss du him bidden wats de hues. Verreckt muss d’et machen vun lauter Léift an Frëndlechkeet. Et muss him richtig gudd din, dat et sech ënnerlech wänzelt, wéi ë Raup am Sirup.
- Berti: Du kanns nawell Recht hun. (*stellt de Wasserkessel erem ewech*)

8. (Lisi, Tobias, Berti, Hutzekatz, Bopi)

Lisi an Tobias Tëntefleck

(*kommen vun lenks eran*)

- Lisi: Moien all maddeneen.
- Berti: (*scheimt vun lauter Frëndlechkeet*) Gudde moien, Lisi! Wéi schéin dass de kënns! Dat trifft sech jo ausgezeechent! Den Här Hutzekatz ass och just hei. Mir waren grad amgang Kaffi ze drenken. Vun dir hun mir och schon geschwat, Lisi!
- Lisi: (*mësstrauesch*) Asou, vun mit huet der och schon geschwat? Awat soll dat dann erem gewiescht sin?
- Berti: Ma mir hun elo grad gesoot, wéi schéin dat et wär, wanns du och nach hei wärs. Du kënns jo d’Pacht haut sichen. Da könnte mir erem schéin maddeneen poteren. Mir hun esou richtig nach op dech gewaart, ass et net esou Metti?
- Hutzekatz: Dach, dat ass wouer, Dir huet eis nach richtig gefehlt.
- Lisi: (*dréiht sech em zum Tobias, den nach an der Diir stung an op den keen geuecht huet*)
- Berti: Ass dat nach dran! An den Tobias hues de och matbruecht! Ma dat wor eng verstänneg Idi vun dir, dat ass awer richtig flott!
- Lisi: An hie wollt fir d’éischt emol guer net matkommen! Hien huet gemengt, dat wär wéi beim Heeschepack, hei all Joër fir e puer Sous opzemarschéieren, an emmer déi aal Gamellen opzewiermen.
- Berti: (*iwerdriwen*) Ma ech bieten dech! Ganz am Géigendeel. Dat ass dach esou ee schéinen aale Brauch, deen soll een net an de Vergiess geroode loossen. Et ass iwerhapt Schued gewiecht, dass du all déi Joëren net matkomm bass.

Tobias: Ma ech wollt dir net och nach zur Lascht faalen.

Lisi: Hien ass tatsächlech zevill bescheiden. Wann dat net wär, hätt hien et bei der Post schon vill méi wäit bruecht. Nëmmen hien huet emmer Angscht, hien geng déi aner Kollegen beleidigen, wann hien emol avancéiere soll.

Hutzekatz: *(lacht ganz hart)* Hahahahaha! Esou eppes passt an äis Zäit! Zu gudder Läscht entschëllegt hien sech nach, well hien net dofir kann, dass ë gebuer gin ass an denen aneren elo d'Loft ewech hëllt.

Berti: Dajee, da sëtzt eech emol! Ech schëdde nach frësche Kaffi op *(zum Lisi)*. Des Kéier solls du en och extra gudd gemacht kréien. *(Stellt nach 2 Tassen op den Dësch)*

Lisi: *(sëtzt sech un den Dësch a rëfft zum Bopi riwer)* Moie, Bopi Summer! *(dann mat der Hand ofweisend, well de Bopi net reagéiert)* O wat, deen ass jo net méi grad ganz derbäi.

Tobias: *(ass bei de Bopi gangen, an huet him d'Hand gin)* Moie Bopi, wéi geet et? Ass nach emmer alles beim Aalen?

Bopi: Iessen, drenken an Näischt maachen, dat ass alles wat ech kann.

Tobias: *(guddmiddeg)* Ma bleiw dobäi, domadden kann een honnert Joër aal gin.

Bopi: Jo, wien lang liewt, dee gët aal. A wien lang op engem Steen sëtzt, dee kritt den Arsck kaal.

Tobias: *(lacht)* Ma du bass jo nach allerhand witzeg, Bopi! Dann geet et dir haut bestëmmt besonnech gudd! Am Stand genuch, du kanns och erem héieren?

Bopi: O, ech hun esou e feint Gehéier, ech kann esou guer héieren, wann d'Fléi néitzen an d'Katze faschten.

Tobias: *(kickelt)* Oh, dat eent kann ech nëmmen mat der Nues feststellen! *(Hie geet erem bei déi aner)* Ma de Bopi ass haut wirklech besonnech gudd opgeluecht!

Berti: *(schenkt Kaffi eraus)* Dovunner hun mir haut nach net vill anuecht geholl.

Tobias: Ma hie mecht jo nach gällech Witzen! *(sëtzt sech)*

Berti: Sou, nu loosst iech net fléiwen, macht derbäi! De Kuch hun ech selwer gebaak! Et ass nëmmen gudde Botter dran!

Lisi: *(drenkt mat Genoss)* An de Kaffi ass des Kéier wirklech ee Genoss! Haut hues de awer net mat de Boune gespuert, Berti!

Berti: Du mengs wéi gëschter, jo de Kaffi war gëschter ze dënn gewiescht. Jo, ech dierf mir dat jo net nach eng Kéier sooë loosse.

Hutzekatz: Bei esou engem gudde Kaffi wäerts du dem Berti wuel net nach eng Kéier esou e gudd Angebot machen, fir ë puer dausender, de ganze Buttek ze verkaafen.

Berti: Firwat soll ech him dat och ofkaafen? Ech freeë mech all Kéier, wann hat den Puechtsous siche kënnt. Du wees wéi ech fir Tradition sin, an dee schéine Brauch soll net ausstierwen. E roude

Sous an Kaffi a Kuch. An dat elo op eemol opgin! Neen, dat wir ze schued!

Lisi: Wann dat alles ass, da geng ech dir gäeren verspiechen, fir trotzdem all gudden Dag heihinner ze kommen op eng Taass Kaffi. Besonnech wann en emmer esou gudd ass wéi haut!

Hutzekatz: Hahahahaha! Ech mierke schon, du bass scharf op déi puer dausend Frängelcher. Wann ech ë puer Prozentercher kréien, dann bearbéchten ech d'Berti nach ë bëschen, dass hat et keeft.

Lisi: A dach! Déi puer dausend Frang kéimen mir elo grad richtig.

Berti: Nujee, esou ganz vun der Hand wëll ech et nun awer net weisen. Wou ech dach elo den Bistro erem wëll op d'Been brengen. Ech geng schon eppes Klenges derfir gin, wann dee klengen Schéinheitsfehler aus dem Grondbuch eraus wir. Nëmmen ech mengen, 10.000 Frang ass mer awer ë bëschen vill, wou dir jo dach näischt mat dem ganze Geschiir hei ufänke kënnt. Dat huet jo guer net dee Wäert.

Lisi: O! A mir hun alt geduecht, et wäer méi Wäert wéi dat. Ass et net esou Tobias?

Tobias: Den Numm vun den Tënteflecks muss am Grondbuch stoë bleiwen! Esou huet mäin Grousspapp Amandus Tobias Tëntefleck et gewollt. Aus dem Handel do gët näischt!

Lisi: To-bi-as! Wëlls du mir Knëppelen an d'Féiss geheien?

Tobias: Mäi Grousspapp Amandus Tobias Tëntefleck, deen ...

Lisi: (*ennerbrécht séier*) Däi Grousspapp war en aalen Quatschkapp! Soss hät hien net schon mat esou engem Päerdsfouss en Akt gemacht. Dat Land ass verkaaft fir 10.000 Frang, an domadde basta. Wat mengs du, Berti?

Berti: Wann dir esou vill dru läit, an den Tobias dermadden averstanen ass, dann ...

Lisi: Den Tobias ass averstanen! Net wouer?

Tobias: Eijentlech ass et jo net richtig esou. Nëmmen ech wëll kee Sträit machen. Macht duerfir wéi a wat dir wëllt.

Lisi: Gesäis de, da si mir eis jo eens.

Berti: Ma de kënne mir dat jo gläich zu Pobeier brengen, wann den Notär kënnt.

Lisi: Ou, ass et wouer! A wat hues du dann alles wëlles mat der Wirtschaft? Du mëchs ee jo richtig firwëtzeg.

Hutzekatz: Solle mir dat schon verrodde, Berti?

Lisi: Ma wou ech iech dach elo schon mam Grond a Buedem ë Gefaale machen, wäert der dach sëcher net méi hanner der Heck bleiwen mat äere Pläng.

Berti: Firwat solls du dat dann och net wëssen. Virun menger beschter Frëndin hun ech keng Heemlechkeeten!

Lisi: (*glëcklech*) Oh, Berti! Dat Wuert vergiessen ech dir nie!

Hutzekatz: (*hiewt sech*) Ma dann ass et wuel dat Bescht, wann ech iech alles op der Platz erklären, soss begräift der dat dach nie! Kommt emol mat!

Lisi: Ma dir macht et jo richtig spannend! (*emärmelt d'Berti an si gin Arm an Arm*) Komm, Berti!

9. (Eugène, Hutzekatz, Berti, Lisi)

Eugène: (*kënnt vun riets eran*)

Hutzekatz: Hei, do kënnt den Eugène jo och grad. – Dee muss jo och emol gewuer gin, wat mir mat sengem Haff wëlles hun.

Berti: Dat sooën ech him léiwer ënner 4 Aan. Verstees de. Mee den Tobias kéint him emol explizéieren, wéi mir dat mam Grond a Buedem vun der Wirtschaft ofgemach hun. Déi Mannsleit mussen herno jo souwisou ënnerschreiwen.

Lisi: (*lacht*) Jo, ënnerschreiwen däerft der wat mir maddeneen ofgemacht hun.

Berti: Ma sëcher, dat ass nun emol Männersach; dorunner ass nun leider näischt drun ze änneren!

Lisi: An dobäi sooën se emmer d'Fraën hätten elo Gläichberechtigong. Kommt, Här Hutzekatz. (*Si gin lenks of*)

Berti: A wann den Notär kënnt, da sees de mir direkt Bescheed, Eugène, héiers de?! Nemmen dat wäert sëcher nach eng gudd hallef Stonn daueren (*kuckt op d'Auer*)

Eugène: Hues de nach eng Boll Kaffi fir mech. Ech hun Duuscht.

Berti: De Bietz steet jo nach um Dësch.

Eugène: (*kuckt an de Bietz*) Do ass jo näischt méi dran.

Berti: Ma schëtt nach ë Schotz gliddegt Wasser bäi, hien ass jo souwisou ze stark fir dech.

Eugène: Wéi's de mongs, Berti.

Berti: (*séier no lenks of*)

10. (Eugène, Tobias, Bopi)

Eugène: *(hellt de Wasserkessel, an schëtt vill Wasser an de Kaffi, schenkt sech dann noëneen ë puer Tassen Kaffi eraus, déi hien séier am Stoën drenkt. Da sëtzt hien sech bei den Dësch)*

Tobias: Gudd, dass déi eraus sin.

Eugène: Wien?

Tobias: Ma déi Fraleit.

Eugène: Wat ass dat ee Leed!

Tobias: Mengs de, dat kéim wirklech?

Eugène: Wat?

Tobias: Ma wat se elo grad gesoot hun, dat vun der Gläichberechtigong.

Eugène: Dat wär guer kee Schued wann dat kéim!

Tobias: Ma wéi dann?

Eugène: Ma dann hätte mir och emol eppes ze sooën.

Tobias: *(triumféiert)* Mee ënnerschreiwen mussen mir!!

Eugène: Jo, dat ass Männersach. – Nemmen, wat soll ech dan ënnerschreiwen?

Tobias: Tja, dat ass net liicht sooën. Wees de wat mäi Grousspapp, den Amandus Tobias Tëntefleck war, deen...

Eugène: Deen ass dach doud!

Tobias: Hie steet awer nach am Grondbuch!

Eugène: Ma do steet ë gudd an drëchen!

Tobias: Ma just net, do soll hien eraus!

Eugène: Wien huet dat gesoot?

Tobias: Ma d'Fraleit.

Eugène: Tjëft! Da komme mer baal net derlanscht!

Tobias: Ech sin dergéint!

Eugène: Ech och! Nemmen dat notzt näischt!

Tobias: Dat ass eng Männersach!

Eugène: Wie seet dat?

Tobias: Och d'Fraleit!

Eugène: Ma da komme mer alt erem net derlanscht!
(kratzt sech um Kapp an wees net méi wouhin) Tjëft, wat machen mer dann elo?

Tobias: *(grad esou)* Kretjëft, wat machen mer dann elo?
(soën allenzwéin ë Strapp näischt méi)

Bopi: *(huet eng Fläsch Schnapps an 3 Schnapsglieser geholl a stellt se op den Dësch)* Do!

Eugène: *(fällt aus alle Wolleken)* Bopi?!

Tobias: Schnikkess?!

Bopi: *(huet erausgeschenkt)* Broscht!

Eugène: An eis Fraën?

Tobias: Mäi Lisi?

Eugène: A mäi Berti eréicht?

Bopi: *(drëchen)* Schnaps ass Männersach!

Allenzwee: (*d'accord*) Dat stëmmt! Prost! (*si drenken, dono mat Genoss*)
 HMMMMMM!
 Eugène: Prima!
 Tobias: O wéi lang hun ech dat schon vermësst!
 Bopi: Sid der elo eens?
 Allenzwee: (*haalen dem Bopi allenzwee d'Glieser dohinner an soën ganz freedeg*) Jo!
 Bopi: (*schenkt eraus*) Och wéinst dem Grond a Buedem vun der Wirtschaft?
 Allenzwee: Jo! Prost!
 Bopi: Broscht (*si drenken*)
 Bopi: A wien kritt de Grond a Buedem?
 Tobias: Den Eugène!
 Bopi: (*schenkt erem eraus*) Dat ass dommt Gebraddels!
 Eugène: Ma wien soll et da soss kréien?
 Bopi: Ech!
 Eugène: Du?
 Bopi: Kloër déi! Dat Land ënner der Wirtschaft gehéiert vu Rechts wegen zu dem Summesch Haff, an dat ass mäin!
 Eugène: Ma dee wolls du mir haut dach nach iwerschreiwen?
 Bopi: Ma just dofir. Wann de Grond a Buedem vun der Wirtschaft mir gehéiert, da kriss de dach alles maddeneen vun mir. (*kuckt neischnotzeg*)
 Tobias: Ma do hues de nawel Recht.
 Eugène: Do wär ech net drop komm!
 Allenzwee: Prost!
 Eugène: An eis Fraleit?
 Bopi: Hun se net gesoot, dat wär Männersach?
 Eugène: Hues du dat héieren?
 Bopi: Ma dat huet dir mir dach erzielt!
 Tobias: (*hält säin Schnapsglas dohinner*) Jo, dat kënne mir him erzielt hun.
 Eugène: (*hält och säin Schnapsglas dohinner*) Wéint menger, dat kënne mer him erzielt hun.
 Bopi: (*schenkt eraus*) Dorobber musse mir ee poutzen!
 Allenzwee: Dat kënne mir! Prost!
 Eugène: (*nodenklech*) An d'Berti, hat ...
 Tobias: (*kritt Courage*) D'Berti kann dir matzen op der Place d'Armes begéinen! Dats du awer emmer esou eng Angscht vrun deene Fraleit hues!
 Eugène: Ech? Du hues Angscht!
 Tobias: Ech! Ech hun keen Dribbelchen Angscht virun hinnen!
 Eugène: Mer sin déi richteg Käerelen! (*hält dem Bopi d'Glas duer*) Bopi, looss de Pätz nach eng Kéier laafen! An fir den Kollerg Tobias och nach eng Kéier! An dir selwer, schëtt dir och nach eraus!

Tobias: Kretjëft jo! Schenk eis allguerten nach een eraus ir de Kaméidi lass geet!

Bopi: Neen, elo ass et genuch!

Allenzwee: *(sprangen zesummen an d'Luucht)* Bopi! Sin mir richtig Kärelen oder si mir keng!

11. (Eugène, Tobias, Notär, Bopi)

Notär vu Fiederliesens (– *ë korrekten, gescheite Mann an de mëttlere Joëren, den vum Land stammt an duerfir mat de Baueren emzegoë wees, kënnt vun lenks eran*) Gudde Moien!

Eugène an Tobias: *(setzen sech wéi op Kommando)* Gudde Moien!

Notär: Ech sin de Notär vu Fiederliesens. Sin ech richtig hei um Sammershaff?

Bopi: Jo, dat ass richtig, wann der letzeburgesch schwetzt.

Notär: Da sid dir den Bopi Summer?

Bopi: *(mëcht sech guer keng Méi, dat hien soll schwéier héieren, an geet op all normal geschwatent Wuert an)* Jo, dat sin ech! Mir wollten gäer ee Kaafakt machen.

Notär: Kaafakt? Ech hu geduecht et geng em eppes aneshtes goën?

Bopi: Neen, dann hun se iech dat verkéiert ausgeriicht.

Notär: Abé gudd! – Da sin déi Häeren jo all beiënen?

Bopi: Jo, all beiënen. Dat do ass mäi Jong, den Eugène.

Notär: Gudde Moien, Här Summer. An dat ass jo den Här Tëntefleck! Mir kennen eis jo schon. *(gët och him d'Hand)*

Tobias: Gudde Moien, Här Notär.

Eugène: *(begräift lues a lues)* Den Notär? Pardon, den Här Notär? Da sidd dir schon do?

Notär: Wéi der gesidd Här Summer! Ech sin mam Bus kommen. Mäin Auto hat gëschter eng kleng Pann, duerfir hun ech missen ofsoën *(kuckt op d'Auer)* Wann mir eis fläissen, da kréien ech vläischt nach den nächsten Bus erem fir an d'Stadt.

Eugène: Ou! Da muss ech séier dem Berti Bescheed soën!

Bopi: Heigbliwen!

Eugène: Ma hat huet dach ausdrecklech gesoot...

Bopi: Dat ass Männersach! Dat geet déi Fraleit näischt un!

Eugène: *(kuckt onschlësseg op den Tobias)*

Tobias: *(huet heemlech d'Schnapsfläsch erwëscht, a weist se hanner sengem Reck)* Jo, dat ass Männersach!

Bopi: Lass! Elo vive eran an déi gudd Stuff! Den Här Notär huet keng Zäit méi!

Eugène: Wéi's de mengs Bopi! *(geet mam Tobias an dem Bopi seng Stuff)*

Bopi: Gidd dir alt schon mat eran Här Notär. Ech kommen gläich no!

Notär: Schéin! Mee hudd der dann och all d’Pobeieren beiënaner?
Bopi: Jo, dat ass alles prett!
Notär: *(geet och an dem Bopi seng Stuff)*

12. (Bopi, Edith)

Bopi: *(spillt an dëser Szen erem deen, deen net gudd héiert. Hien geet bei d’Fenster a rífft d’Edith)* Edith! Edith! Komm emol séier heihinner!
Edith: *(kënnt séier vu riets)* Ja, Bopi? Soll ech eppes maan?
Bopi: Ass den Notär nach net komm?
Edith: Ech hun ën nach net gesinn.
Bopi: *(zefridden)* Asou! Dat ass jo gudd! Wou sin déi aner dann?
Edith: D’Tatta Berti an déi aner? Déi sin dorower bei d’Mëllechhaus. Soll ech si ruffen?
Bopi: Nee! Déi kënne bleiwen wou së sin!
Edith: Wann den Notär dann elo kënnt, soll ech dir dann Bescheed soën? Oder soll ech d’Tatta Berti ruffen?
Bopi: Neen! Näischt vun allebéid! Ech passen scho selwer op. Sou, an elo mach dech erem un deng Arbëcht. *(hien hëllt seng Kassett vun der Fensterbänk an geet an seng Stuff eran)*

13. (Edith, Benni)

Edith: *(kuckt him ganz verwonnert no, a geet dann op d’Diir riets, vu wou de Benni him entgéint kënnt)*
Benni: Da ka jo elo dem Bopi säi Begriefnes lassgoën.
Edith: Benni, wufir sees du esou eppes?
Benni: Den Notär ass dach elo grad komm.
Edith: Neen! Deen ass nach net do. De Bopi huet elo grad nach no him gefroot.
Benni: Ma ën ass dach elo aus dem Bus geklomm, wéi ech beim Schmatt war.
Edith: Jeje, do iirs de dech. Den Notär huet dach selwer eng Rennmaschin. Dee fíert gewass mam Bus!
Benni: Ma ech wäert dach den Notär vu Fiederliesens kennen! Et war hien deen virun 10 Minuten beim Schmatt um Eck aus dem Bus geklomm ass.
Edith: Da wäert ën wuel nach fir d’éischt anzwousch anescht sin.
Benni: Dat kéint jo mol sin. So lauschter, ech hun Duuscht! Hues de net eng gudd Schlupp fir mech fir ze drenken?
Edith: *(geet bei den Dësch)* Vläch! ass nach Kaffi do. *(kuckt an de Kaffisbiett)* Ou, deen ass jo nach hallef voll. *(Hëllt eng Tass an*

schëtt eraus) Soumol, dee wäert haut extra gudd sin. (*Mëcht Mëllech an Zocker dran*) Wannechglift!

Benni: (*drenkt a mëcht engt schieft Gesiicht*) Ee schéine Muckefuck ass dat!

Edith: Et ass dach net méijlech! Looss mech emol schmachen! (*hat drenkt aus dem Benni senger Tass*) Eeeee! Dat ass jo dat rengste Spullwasser! An esou eppes huet meng Tatta Berti hierem decke Besuch ugebueden? (*lacht mat Freed*) So lauschter, Benni, dann ass déi Frëndschaft zwëschen denen zwéin awer och nach guer net esou deck.

Benni: Déi hu bestëmmt bessere Kaffi gedronk, gleeft mer es. Nemmen schueden deed et och net, och wann een enger Geess ë kënnt an d'Ouer schëdden. Gëf mir nach eng Tass. Wasser soll jo och den Duuscht läschen.

Edith: An du kriss keen Häerzklappen dervunner.

Benni: Duerfir brauch ech kee Kaffi.

Edith: (*stellt sech domm*) Du wäers dach net krank sin?

Benni: (*leet him den Arm em d'Taille*) Bei dir hun ech emmer Häerzklappen.

Edith: (*drecks hien am Spaass op d'Säit*) Da pass alt gudd op dech op a komm mer net ze no.

Benni: Am Géigendeel. Wann dat besser soll gin, da muss een dat esou machen (*rappt hat un sech*)

Edith: (*leet him d'Hänn em den Hals a kuckt hien ganz glëcklech*) Gët et der elo besser?

Benni: Ech spieren schon eng ganz kleng Wirkong.

Edith: Nemmen ë bëschen? (*gët him ee Kuss*) An elo?

Benni: Aa, elo sin ech dem richtegen Schënner an d'Hänn gefall! Dat nennen ech Balsam, eng wonnerbar Medizin, gëf mer nach séier eng Portioun dovun!

Edith: (*gët him nach ee Kuss*) Huet dat elo gehollef?

Benni: Zackeg!

Edith: Ma da muss du mir elo och hëllefen.

Benni: Mat Plëséier! (*wëllt him ee Kuss gin*)

Edith: Neen! Net esou! Ech hu jo keen Häerzklappen!

Benni: (*bësse béis*) An esou eppes gees du mir och nach soën?

Edith: Ma Benni, looss dat elo mol schéin op der Säit. Beim Bopi solls du mir hëllefen.

Benni: Dem ass net méi ze hëllefen.

Edith: Mir duerfen d'Sach net opgin. Wann dat mat der elektronescher Ouertuut och net funktionnéiert huet. Mir müssen elo oppassen, dat si hien net op d'Ouer drecken.

Benni: Tja, a wéi solle mir dat dann elo nach machen? Wann mir nemmen wéissten, wat si alles wëlles hätten. (*plëtzlech entschloss*) Wart

emol, ech fannen bestëmmt bei der Millen nach eng Arbecht, vläicht kann ech do eppes gewueren gin?

Edith: Jo, mach dat! Wann de Bopi net méi héieren kann, da musse mir alt d'Oueren méi grouss opspanen.

Benni: *(geet schnell no riets of)*

Edith: *(raunt de Kaffisdësch of, an hëllt d'Dëschdecken erof, da geet er eraus fir se auszerëselen)*

14. (Hutzekatz, Edith)

Hutzekatz: *(kënnst vun lenks eran)* Ou, et ass emol keen hei! Dat ass jo wonnerbar! *(geet op dem Bopi säin Wandschaf lass a knéit do nidder)* Dat muss ech mir emol vu méi no bekucken.

Edith: *(kënnst vu riets erem eran)* Wat macht dir dann do?

Hutzekatz: Oh! Ech! ... ech hun heirëmmen meng Autosschlësselen verluer. Huet dir së net zoufällleg fonnt?

Edith: Op dem Dësch louchen së net. Den hun ech elo grad ofgeraunt.

Hutzekatz: Vlächst sin së erof gefall. *(hie geet em den Dësch erem an sicht um Buedem)*

Edith: *(knéit och nidder an hëlleft sichen)*

Hutzekatz: *(stréilt d'Edith zärtlech iwer de Reck)* aa Schnuckelchen, wëlls de mat hëllef sichen?

Edith: *(steet séier erem op)* Loosst dat wannechglift op der Säit.

Hutzekatz: *(mëcht wéi wann hien d'Schlësselen fonnt hätt an hiewt së an d'Luucht an klimpert domadden)* Ma hei sin së. Si louchen do ënner dem Stull.

Edith: *(dréint sech kuerz ëm)* Ma dann ass et jo gudd!

Hutzekatz: Net béis sin, Joffer!

Edith: Ech loossen mech net vu jidderengem stréilen.

Hutzekatz: War jo net esou gemengt. Ech kéint jo äere Papp sin! *(Seng Blecker verrooden den Géijendeel)* Mee, dir huet schon richtig reagiert! Nemmen keen ze no eru kommen lossen. Et gët esou vill schlecht Leit, besonnëch an der Stadt!

Edith: Ech weess. Ech sin net wäit vu Réimech gezillt gin!

Hutzekatz: Wat? Sidd dir vun der Musel? An da bleiwt dir hei an dësem Fléinascht? An dësem onméijlechen Duerf? Wësst der, hei kéim ech em de Verstand ouni meng Musel, mäi gudde Wengchen a meng Forellen.

Edith: Sidd elo schéi roueg, soss kréien ech och nach Idi fir erem heem ze goën.

Hutzekatz: Ma hätt der dann net Idi eng Kéier dohinner ze fueren. Ech geng Iech an mengem Won mathuelen. Wann der wëllt, da schon mar.

Edith: Wéi gäer wäer ech emol erem zu Réimech. Do sin all meng Schoulfrëndinnen... Nemmen dat geet alles guer net. D'Tatta Berti léisst mech dach net goën, grad elo, bei der Dréchent. An d'Hee muss elo eran!

Hutzekatz: O Mamm, dat kréien ech mat Äerer Tatta an d'Rei! Fir mech mëcht déi alles!

Edith: *(dréint sech em, an iwerem goën)* Setzt mer nemmen keng Päiperleken an d'Ouer! Dorausser gët dach näischt.

Hutzekatz: Dat gët bestëmmt eppes!

Edith: Neen, dovunner wëll ech näischt méi héieren. *(Leeft séier zur Diir riets)*

Hutzekatz: *(rifft nach no)* Mar fuere mir zesummen op Réimech!

Edith: *(hält sech d'Oueren zou, an leeft séier no riets of)*

Hutzekatz: *(kuckt him zefriden no)* Dat ass mir vläicht e flotten klengen Kiewerleck! Do kann een schon emol extra op d'Musel fueren! *(hien geet erem op de Wandschaf lass, an ënnersicht Diir an Schllass)* Wat ass dat fir eng Kannerspillsach! Esou eng fuddeleg Diirchen! Esou en einfacht Schllass! Dat ass dach wéi Schnauf mat Lakritzen!

15. (Bopi, Hutzekatz, Notär)

Bopi: *(kënn aus der Stuff.)* Wat macht dir dann do?

Hutzekatz: *(séier an d'Luucht, rabbelt mat den Autosschlësselen)* Ech hat hei nemmen d'Autosschlësselen verluer. Weider näischt!

Bopi: *(mësstrauesch)* Ah sou. Wann ech mech net ieren, huet dir hei glaad näischt verluer!

Hutzekatz: *(lacht)* Dat ass nach net ganz gesoot. *(hie geet op d'Diir riets)*

Bopi: Ganz gesoot ass awer, dass dir elo hei eraus sollt!

Notär: *(kënn aus der Stuff, kuckt op d'Auer)* Äddi, Bopi Summer. Ech haalen mech net méi lang op, vläicht kréien ech mäi Bus nach. D'Kopiën vum Akt schecken ech iech dann an den nächsten Dee zou.

Bopi: Äddi Här Notär!

Notär: *(séier no lenks of)*

16. (Bopi, Hutzekatz)

Hutzekatz: *(dréint sech riets an der Diir ëm an mëcht eng dommt Gesiicht)* Notär??

Bopi: *(möcht wéi wann en näischt verstanen hätt an äntwert net)*
Hutzekatz: *(kënnst bei de Bopi, an jäitzt him an d'Hoar)* War dat elo grad den Notär?
Bopi: *(stellt sech daaf)* Wat soot der?
Hutzekatz: Ob dat den Notär war, zum Donnerwieder net nach!
Bopi: Jo, do huet der Recht, ech mengen mir kréien nach en Donnerwieder.
Hutzekatz: Notär mengen ech. War ... dat ... den ... A-ffe-kot??
Bopi: Jo, op der dot, d'Wieder changéiert séier!

17. (Berti, Lisi, Hutzekatz, Eugène, Bopi, Tobias)

Berti a Lisi: *(kommen vu lenks eran)*
Berti: Metti! A wou hues du nemmen gestach! Du bass jo guer net erem komm!
Hutzekatz: Ech hat meng Autosschlüsselen verluer – duerfir huet et esou lang gedauert. Mee elo hun ech sê erem. Nemmen wat mech am meechten interesséiert, den Notär war schon hei, mengen ech.
Berti: Den Notär! Dat ass dach net méijlech! Dann hät den Eugène mir dach Bescheed gin!
Eugène an Tobias: *(kommen ganz beniwelt aus der Stuff – si hun sech emärmelt)*
Eugène: *(eng eidel Schnapsfläsch an der Hand)* Mär sin déi richtig Käerelen!
Bopi: *(ass zefridden)* Hun déi zwee Bridder mir jo net an deem Ableck de ganze Schnaps gesoff.
Berti: Eugène?!
Lisi: T o b i a s !
Tobias: *(lëschteg)* Lisi, ei wat sin mir happy!
Berti: Eugène! Du bass jo voll!
Eugène: Wanns de mungs, Berti!
Berti: Dat ass mir awer dach ze bont! Wéi kanns de dech einfach esou besaufen?
Eugène: Wann ech Schnaps hun, ass dat méiglech! An op esou een Vertrag muss een dach eppes drenken. Ass dat net esou Tobias?
Tobias: Stëmmt genau! Soss dacht de ganzen Vertrag näischt.
Berti: Vertrag? War den Notär dann schon do?
Eugène: Wat eng domm Fro! Soss hätte mer keen Vertrag kënnen machen!
Berti: Dee war schon do? An du Dräibitz hues mir net Bescheed gesoot?
Eugène: Dat ass eng Mannersach gewiescht!
Berti: Wou ass den Notär?
Tobias: Fort!
Hutzekatz: Déi zwéin sin jo souwisou am Stëps! Dat huet keen Zweck méi!

Berti: *(op den Bopi lass)* Bopi! Wat ass hei passéiert?

Bopi: Den Notär ass passéiert.

Berti: A firwat hues du hien laafe gelooss?

Bopi: Hien ass net gelaaf, hien ass gangen!

Lisi: *(packt den Tobias a rëselt hien)* Tobias ... eraus mat der Sprooch. Wat huet dir gestiicht?

Berti: *(grad esou mam Eugène)* Eugène, wat fir ee Vertrag huet dir gemacht?

(Tobias an Eugène stinn Reck wider Reck an stäipen sech)

Eugène: Wéi's du et wolls hun. Genau esou wéi's du et wolls hun.

Lisi: Tobias! Hues du de Grond a Buedem verkaaf?

Tobias: Dat ass geschitt! Fir 5.000 Frang! Grad esou wéi's du et wolls hun.

Berti: Net schlecht fir 5.000 Frang, also dat hues de gudd gemacht, an wou ass de Vertrag?

Lisi: Du aalen Drach, 10.000 Frang war gesoot an net manner. Et ass näischt mat dir unzufänken. Nemmen wat ass schon, d'Hauptsach et ass alles an der Rei.

Tobias: Jo, dat ass alles schéin an der Rei. An den Numm vun den Tënteflecks ass ausgewëscht aus dem Grondbuch. Soo fort, do ass elo näischt méi drun ze änneren.

Berti: An dass de Bopi den Haff op däin Numm wollt schreiwen, dorunner huet der jo och sëcher geduecht?

Eugène: A, dozou sin mir net méi komm.

Berti: Ma du toopescht Steck Miwel, wéi konns de den Notär da goë loossen, ouni dat Wichtegst gemacht ze hun!

Tobias: Ma soss hatt hien de Bus net méi kritt!

Berti: Ass hien mam Bus komm?

Hutzekatz: A duerfir haten mir säin Auto net gesin.

Lisi: Da fiert en jo och erem mam Bus heem.

Berti: *(kuckt op d'Diir)* Oh! Vlächcht erwëschen mir ën nach! *(hat stierzt op d'Diir zou)*

Hutzekatz an Lisi: *(hir no, wéi si bei der Diir sin, fiirt de Bus lanscht an tuut. Allen 3 bleiwen se stoën an loossen d'Ärm falen)*

Bopi: *(zefridd)* Dat hat geklappt!

RIDEAU

III Akt

Dësen Akt spillt am Nomëtten, den Dag dono. Erem déi gläich Zäit. D'Wieder ass erem d'selwecht.

1. (Bopi)

Bopi: *(kënnt mat enger Ratefall vu lenks eran, geet bei den Dësch riets, a probéiert d'Fieder vun der Fall) Kräitz-been-iwerëneen! Wat geet déi schwéier. (Spannt d'Fall a setzt se virsichteg op den Dësch) Mol kucken op se och nach funktionnéiert (wëllt fir d'éischt mat de Fangeren probéieren, besënnt sech awer, fiert zreck an hëllt dann säin Stäipbengel, woumadden hien d'Fall zouklappen léisst) Zack, do ass nach Flitz dran (schmunzelt zefridden). Do muss ee jo apart oppassen, dat engem d'Fangeren net ratsch dertëschent gerooden. (geet bei säi Wandschaf, sperrt op, spannt d'Ratefall an stellt si lues a virsichteg an d'Lach a sperrt d'Diir erem zou).*

2. (Berti, Bopi)

Berti: *(kënnt vu riets) Elo krabbelt den Aalen schon erem hei! Soll en sech d'Mëttesrascht da ganz ofwinne wëllen? (geet op de Bopi duer) Bopi! Wat sichts de do?*

Bopi: Ech sichen en Autosschlëssel.

Berti: *(paff)* En Autosschlëssel?

Bopi: *(steet vum Buedem op)* Jo, heiansdo fënnt een hei een.

Berti: *(tippt sech un d'Stiir)* Nujee, den Aalen gët tirkelech an ass net méi weiss am Kapp. *(mëcht ganz zervikommend)* Bopi! Et deed mir awer guer net gudd, wanns de deng Mëttesrascht net kriss. Du gesäis jo scho ganz schappeg aus *(De Bopi setzt sech a säin Stull)* Gesäis de, dat ass richtig, setzt dech nach eng Weilchen. Ech leeën dir och eng Decken iwer an da näips de nach eng Stënnchen.

Bopi: Ech wëll net schloofen.

Berti: Firwat wëlls du dann net schloofen? Dat hues de dach bis elo emmer gemach.

Bopi: Wie schléift verpasst viles.

Berti: *(lacht)* Bopi, wat hues du dann nach ze verpassen?

Bopi: Kanns du iren am Schloof héieren?

Berti: *(wees net wat dovunner haalen, a schwätzt fir sech selwer)* E gët wirklich emmer méi wonnerlech! Da gët et elo awer héich Zäit, dat mir déi Sach an d'Rengt brengen. *(hart an den Triichter)* Jo Bopi,

du muss jo selwer wëssen, wat's de wëlls. Da wëll ech dir och net draschwetzen. Mach et esou wéi's du am beschten zewee kënns.

Bopi: Dat machen ech och.

Berti: Nemmen wat ech nach soën wollt. Mir hun den Notär nach eng Kéier fir haut de Mëtte bestallt.

Bopi: Den Notär? Firwat dat dann?

Berti: Ma Bopi, dat mat dem Haff, dat ass nach emmer net an der Rei. Oder wëlls de vläicht elo net méi?

Bopi: Jo! Da loss ën em Gottesbiddeswëllen kommen.

Berti: *(otemt op)* Gottseidank! Dann ass ën jo awer nach net ganz dovun erof. *(erem hart an den Trichter)* Mir setzen dat alles op, grad esou wéi's du et wëlls hun. Du kriss herno och nach emmer dat selwecht Geld wéi elo mat der Puecht. An dir geet och näischt of. Duerfir stin ech an.

Bopi: Jo, jo, d'ass gudd. Dat wäerte mir hanneno jo dann nach gesinn.

3. (Hutzekatz, Berti)

Hutzekatz: *(kënnt séier vun lenks eran)* Gudde Moien, Berti. Ech hun leider keng Zäit. Ech muss haut nach op Réimech fueren. Ech hun telefonéiert kritt.

Berti: Herrjee, Metti, wou kënns du dann elo beemol hier? Ech hun däin Auto jo guer net héieren.

Hutzekatz: Ech sin zu Fouss kommen, well den Auto an der Reperatur ass.

Berti: *(besuergt)* So, et ass der dach sëcher näischt geschitt?

Hutzekatz: Neen, neen, de Won gët nemmen geschmiert a gewäsch. Den Garagist brëngt ën herno direkt heihinner.

Berti: Ah sou. Ma da sëtzt dech wéinstens een Ableck. Du dämps jo wéi eng aal Dampfmaschin.

Hutzekatz: *(wëscht sech de Schwees)* Jo, onsereen ass dat Laafen jo guer net méi gewinnt. *(setzt sech)* Awer nemmen een Ableck. Ass een nemmen ë puer Dee aus dem Betrieb, dann ass schon alles d'ënnescht an d'iewescht.

Berti: Wëlls du haut scho fueren? O, dat ass schued. Ech hat mir schon ausgerechent, dat een mar hät kënnen matfueren.

Hutzekatz: *(kuckt hat belabbert un)* Wéi, du wolls mat mir op Réimech fueren?

Berti: Jo, ech wollt mat an d'Staat ë wéineg akafen fir déi nei Wirtschaft, an du wolls jo och derbäi sin. D'Suën hun ech duerfir schon haut de mueren vun der Spuerkeess opgehuewen.

Hutzekatz: A sou, du hues d'Suën derfir schon opgehuewen. Has du da Suën op der Spuerkeess stoën?

Berti: Ma sëcher. Ech hat mir e puer honnert Groër gespuert. Déi wollt ech elo mol direkt an d'Geschäft stiechen.

Hutzekatz: (*onsëcher*) Tja, wëlls de dann haut vläicht direkt matfueren?

Berti: Dat geet net. Den Notär soll jo nach haut de Mëtten kommen.

Hutzekatz: (*erliichtert*) A sou! Jo! Dorun hun ech emol guer net geduecht gehaat. (*mëcht wéi wann ën et géif bedauern*) Et ass awer och zevill Schued, dass de elo net matfuere kanns.

Berti: Jo, et ass Schued, dat alles esou domm obeneen fällt. Awer mar kéint ech jo och mam Bus oder mam Zuch nokommen!

Hutzekatz: (*dem passt dat guer net*) Mar mam Zuch? Jo, jo, secher. (*Iwerleet*) Nemmen, wanns de dann net ze spéit kënns!

Berti: Wisou ze spéit?

Hutzekatz: Tja, mar de muere fréi punkt 8 Auer gët do op der Esplanad esou allerhand Miwel verkaaft, du wees eng Zwangsversteigerung. Dat wäer sëcher bëlleg ze kréien. Nemmen esou fréi kanns de dach net do sin.

Berti: Virun Mëtten op kee Fall.

Hutzekatz: Schued! Dann ass dat bescht betëmmt schon ewech. An dat wär grad esou eng gënsteg Gelegenheit gewiescht.

Berti: An bei dem Vertrag kanns de dann haut jo och net hëllefen?

Hutzekatz: Esou lang kann ech leider net warden. Nemmen ech hun dir dat heien esou ë bëssen opgeschriwen. (*hëllt ë Blad Pobeier eraus*) Wanns de alles esou mëchs, dann hues de alles fest an der Hand. (*reecht hir de Pobeier*)

Berti: (*liest*) Hmm! Esou ass et richtig. Jo, wonnerbar! Jo! Sou musse mir et machen. (*bewonnert hien*) Dat hues de jo opgesaat wéi ë richtigem Affekot!

Hutzekatz: (*lacht stolz*) Jo, an Rechtsfroën mecht kee mir een X fir en U fir. Dat huet alles seng richtig Form! Kuerz a kloer, war nach emmer mäi Prinzip. Dat kënnt der esou ënnerschreiwen!

Berti: (*beschäftegt sech mat dem Vertragsentwurf*) Nemmen dat Läscht hei, do wäert de Bopi wuel guer net dra lauden.

Hutzekatz: Jo, wann dir ën vir d'éischt froot – dann net! Nemmen dat däerf hien fir d'éischt guer net kapéieren. Dat muss esou mat dertëschent erduerg wéi d'Steng an de Gromperen.

Berti: Jo, ech wees net. Dat ass mir awer ë bëschen zevill hart – hien einfach flang virun d'Diir setzen?

Hutzekatz: Wanns de nemmen eng hallef Sach wëlls machen, da gët dat nie eppes. Den aalen Iebessenzielert vermasselt dir nach dat ganz Geschäft, do kanns de Gëft drop huelen. Oder mëcht dat dir vläicht esou vill Spaass fir dech nach eng hallef Dosen Joëren mat dem aalen Knouterbatti eremzeploën?

Berti: Neen, bestëmmt net.

Hutzekatz: Ma dann mach eng propper Wäsch. Dat ass nemmen eng Pëng fir eng Pëng.

Berti: Du hues Recht, an ech hun es och scho lang saat! (*Entschloss*) Ech wëll et wéinstens versichen. (*si kuckt aus der Fenster*) O du mäin Gott, do kënnt jo lieweges Leifs d'Lisi Tëntefleck schon erem dohirgeschneit! Dat hat dech gesi kommen. An elo dreiw de Virwetz et heihinner.

Hutzekatz: Déi huet eis elo grad och nach gefeelt.

Berti: Ma da wart, dat wäert ech schon hei erauskomplimentéieren!

4. (Lisi, Berti, Hutzekatz)

Lisi: (*kënnt vun lenks eran*) Gudde Moien. Ech war schon am lanscht goën, do duescht ech, mach lues, dat däerfs de dem Berti dach net undin. Wann dat héiert, dass de einfach esou lanscht d'Haus gange bass, da kéint hat dir dat emol veriwelen. Kuckelei, den Här Hutzekatz ass jo och erem do! Ma dat trëfft sech jo gudd.

Berti: (*steet stur wéi ë Panzer mat gekräitzten Ärm do, an réiert sech net*)

Lisi: (*well d'Berti net reagiert, op den Hutzekatz duer*) Gudde Moien, Här Hutzekatz!

Hutzekatz: (*mëcht ë schieft Gesiicht, ass onfrëndlech a seet ouni hir d'Hand ze reechen*) Moien!

Lisi: (*hier ass d'Situatioun net kammoud, si lacht verkrampft a seet*) Majo dann, dann ass de ganze Klub jo erem beiënaner.

Berti: (*kuerzgebonnen*) Ech wéist net, dat mir ë Klub gegrënnt hätten.

Lisi: (*versicht nach eng Kéier déi äiskaal Atmosfär ze ëntdeeën*) Ma da kéinte mir dach nach nohuelen. Mir kéinten den Här Hutzekatz dach zum President machen (*lacht verkrampft, well keen op hier Witzen ageet*).

Berti an Hutzekatz: (*bekucken hat äiskaal*)

Lisi: Sou? Asou as dat! (*zum Berti*) A gësch hues du nach gesoot, ech wär deng beschte Frëndin a geng guer net dax genuch heihinner kommen?!

Berti: Sou op den Dibbelchen muss du dat guer net huelen.

Lisi: Asou! Dann hues de dat jo guer net esou gemengt?! An dat ech all Dag op eng Taass Kaffi bei dir era kéint kommen, an dass du dech gengs freeën, wann ech nëmmen gudd dax kéim, dat waren och lauter Lijen, hein?

Berti: Vun der nächster Woch un kanns du hei all Dag gären Kaffi a Kuch kréien.

Lisi: (*verzweifelt*) Elo schwätz de erem esou? Du mengs et jo dach net esou!

Berti: Ech mengen et, wéi ech et soën. Eng Taass Kaffi kascht 12 Frang an ë Steck Kuch kriss de schon fir 15 Frang.

Lisi: (*lacht onbehollef*) Bezuele soll ech dann alles?

Berti: An aneren Lokaler kriss de haut och näischt méi vir näischt.

Lisi: Elo geet mir eng Späicherliicht op! Elo, wou dir eis den Terrain vum Bistro ofgegotzelt hudd, brauchts de menger net méi! Dir wëllt menger lass gin. Wanns de dech do awer net geschnidden hues, mäi Léift. Nach ass d'Grondsteck net schrëftlech iwerschriwen. Nach kann mäin Tobias seng Ennerschrëft zreckzéien.

Hutzekatz: *(lacht hell)* Hahahahaha. Vertrag ass Vertrag. Dorun ass näischt méi ze redetten.

Lisi: Dat wëlle mir fir d'éischt awer emol nach gesinn. An dass d'et wees! Ech fleeten op däi Mukkefuk. An deng dreckeg Taart déi's de emmer brutschs, déi kanns de dir selwer anzwousch era stiechen! Well mat Gäscht wäers de wuel hei an dësem delabréierten Pisseck net rechner kënnen.

Berti: Nu mach awer séier, dass de hei eraus kënns!

Lisi: Ech gi schon! Gleew nëmmen net, dass ech dir je nach eng Kéier bannert d'Diir kommen! A wanns de gengs mat dem Kaffisbiitz op der Diir wenken an däi verschassene Kuch gengs an d'Kummerfenster hänken. Mech gesäis de net méi heibannen. An fir dat d'Leit aus dem Duerf wëssen wat's du fir eent bass, wäert sch.. schon genuch suergen. Ech wäert hinnen verzielen, wéi et hei zougeet.

Berti: Raus!

Lisi: *(schon dobaussen, kënnt nach emol eran)*
An datt mat dir an dem Här Hutzekatz keng propper Sach ass, dat gesäit jo och ë Blannen!

Berti: Raus mat dir, du Gëftsprëtz!

Lisi: *(verschwënnt, well d'Berti hanner him hier ass)*

5. (Hutzekatz, Berti, Bopi)

Hutzekatz: *(lacht)* Hahahahaha! Dat war jo schéin opgedréint.

Berti: Esou en onverschimt Gërëpp! Eng Maul, et kënnt een et mat engem Pangeg kommunizéieren.

Bopi: *(huet alles nogelauschtert a reiwt sech d'Hänn voller Freed)*

Hutzekatz: Oder d'Spargelen de breede Wee astiechen. *(steet op)* Wou der Däiwel soll nemmen den Chauffeur mat mengem Won bleiwen! Ech mengen, ech muss selwer duerno kucken goën. D'ass héich Zäit, dat ech hei verduften.

Berti: Et ass schued, dat ech net matfueren kann.

Hutzekatz: Jo, et ass dach ee Jomer, datt's du déi gudd Gelejenheet elo verpasse muss. *(hëllt d'Zeitungsblaatz aus der Täsch, dat hien der Dee agestach hat)* Déi Arichtung, déi geng wonnerbar hei eran passen! Alles ganz nobelt Geschir. Baal nach ganz nei. De

Restaurant um scharfen Eck kennen ech ganz gudd. Nemmen de Wirt war kee Geschäftsmann, soss wir hien dach net mat esou engem Lokal Pätter gin.

Berti: Ma kéins du dat dann net fir mech akaafen? Du wéisst dach am beschten, wat ech brauch.

Hutzekatz: *(stëcht d'Zeitung erem séier an, well d'Berti sech ustellt dran ze kucken)* Jo, dat kéint ech wuel machen! Nemmen op esou enger Stee muss de gläich boren Drot dohinner bliederen. A gudden Drot ass deier. Ech kann net einfach esou vill vun mengem Konto ophiewen. Ech hun och schon zevill an mäin Etablissement gestach!

Berti: Ou! Wann et weider net ass. Ech hun d'Suën jo bor!

Hutzekatz: Wéivill ass et dann?

Berti: 150.000 Frang.

Hutzekatz: Dat ass jo net grad bedeitend. Nemmen wann iren nach eppes geng feelen, da kéint ech de Rescht ënner Emstänn jo nach bäileeën.

Berti: Dat wir awer schéin vun dir.

Hutzekatz: Wanns du mir esou vill Suën iwerhapt uvertrauë wëlls? *(lacht)* Ech denken, ech kéint jo dermadden derduerch goën.

Berti: Ma gewëss, Metti, du werts mer dat dach net wëllen undin.

Hutzekatz: Hat ech dir net schon eng Kéier zevill entreprenéiert?

Berti: Looss dat. Dat ass schon lang hier! Ech gesin dat's de deemols nach net drëchen hanner den Ouere wars! Elo bass de awer ë gudde Batz méi solid gin, an du hues et zu eppes bruecht!

Hutzekatz: Tja, Berti. Häss de mech deemols geholl, gengs de haut wéi eng Kinnigin an mengem Etablissement sëtzen.

Berti: *(hëllt déif Otem)* Wat wëlls de hun soën d'Leit an da gin së engem näischt. Ech wäert wuel deemols eng Dommheet gemach hun.

Hutzekatz: An ech sëtzen elo ganz eleng do, mat mengem grouse Betrieb. *(fängt un sentimental ze gin)* A wéi schéin hätte mir zwéin et kéinten hun.

Berti: Dat ass elo eriwer!

Hutzekatz: Du, soo näischt esou. Ech geng dech op der Platz erem huelen. A wees du, wanns de hei däi Betrieb esou richtig a Schwong hues, da besiche mir eis een deen aneren heiansdo. Dat kann jo och nach richtig schéin sin.

Berti: Iwer esou eppes schwätze mer léiwer elo net. Ech huelen dir elo mol fir d'éischt d'Suën. *(geet an d'Stuff of)*

6. (Hutzekatz, Bopi)

Hutzekatz: *(kuckt hier zefridden no, a schmunzelt)*
Dat klappt jo wonnerbar!

Bopi: *(ass opgestanen, a klappt dem Hutzekatz mat sengem Bengel op d'Schëller)*
 Hutzekatz: *(fiert erem)* Wa... wat?
 Bopi: Hues de déi verdammten Ochsen nach emmer net kaaft?
 Hutzekatz: *(versteet net)* Ochsen? Wat soll ech dann mat Ochsen?
 Bopi: Ech duecht, du gengs mat Ochsen handeln?
 Hutzekatz: *(begräift)* A sou, jo *(lacht)*. Déi Ochsen si mir nach ze moer.
 Bopi: Du bass wuel méi fir eng gudd fett Kou, wéi?
 Hutzekatz: *(domm)* Fett Kouh? Wéi? Wat?

7. (Berti, Bopi, Hutzekatz)

Berti: *(kënnt aus der Stuff eran. Et huet eng Envelopp an der Hand)*
 Bopi: *(dréint sech em, well hien dat wat elo kënnt net wëll gesin)*
 Berti: Wat huet de Bopi elo grad gesoot?
 Hutzekatz: O näischt! Nemmen Gedeessems, hien huet së jo net méi all op der Krëibänk.
 Berti: *(gët him den Emschlag)* Sou, hei hues de d'Suën. Et sin genau 150.000 Frang.
 Hutzekatz: *(gräift séier duer an stëcht d'Envelopp ouni dran ze kucken an d'Täsch)*
 Berti: Wëlls de net wéinstens nozielen?
 Hutzekatz: Dat ass bei dir jo bestëmmt net néideg. Ech weess, dass du mech net gengs uschmieren.
 Berti: Dat mengen ech awer och. Vertrauen géint Vertrauen!
 Bopi: *(stéisst iergerlech mat sengem Staf op de Buedem)* Dorobber kanns de bauen! *(hie geet a seng Sutff)*

8. (Hutzekatz, Berti)

Hutzekatz: *(op eemol ganz niichter)* Sou, elo gët et awer héich Zäit, dat ech mech verdrecken! A mar gesin mir eis jo dann erem zu Réimech. Du kanns jo telefonéieren. Ech huelen dech dann beim Bus of. Salut Berti!
 Berti: Salut Metti.
 Hutzekatz: Salut. *(wenkt an der Diir a verschwënnt no lenks)*
 Berti: *(kuckt him zefridden no)* Sou, dat wär emol gerooden.
 Hutzekatz: *(kënn nach eng Kéier eran)* Du, lauschter emol, dat Klengt, wat soën ech, dat Meedchen mengen ech, d'Edith, hat wollt emol gäer mat op Réimech fueren. Mengetwegen kann hat haut matfueren, wanns de näischt dergéint hues. – *(lacht)* Dann häss de och gläich een, deen oppasst, dat ech der net mat de Suën duerch d'Bascht gin.

- Berti: Nu mach domadden net esou vill Fisemattenten. Nemmen dat mat dem Meedchen, dat geng mir grad gudd passen, wann ech et haut hei aus de Féiss hätt, wann mir déi Sach mam Haff an d'Rängt solle brengen.
- Hutzekatz: Et ass eng verdammt flott kleng Popp. Datt kanns de herno an der Wirtschaft gudd gebrauchen.
- Berti: O Mamm, dat passt guer net an eng Wirtschaft. Dat ass vill zevill zëmperlech an Kréitche-réier-mech-net-un. Nemmen wanns du fir hat eng aner Platz gengs fannen, da wär eis alleguer gehollef.
- Hutzekatz: A wuerfir dann net! Nëmmen elo brennt et awer. An enger véierel Stonn soll hat beim Schmatt um Eck stoën an op mech warden. Ech muss fir d'éischt nach an d'Garage an da muss ech jo och nach meng Valissen huelen.
- Berti: D'ass gudd. Ech soën him gläich Bescheid. Et soll mat Zäiten do sin (*iwrem goën no riets*) Ma dat wäert Aan machen, wann et gesäit, dat ech him och emol eng Freed machen. (*séier riets of*)

9. (Hutzekatz)

- Hutzekatz: (*ass lenks an der Diir stoë bliwen an kuckt sech em a lauschtert*) An elo op dat Ganzt. (*mat engem Feierkroop, den hien an den Hänn préift*) Dat ass wuel dat richtegt! (*geet op dem Bopi säi Wandschaaf zou a brécht mat dem Feierkroop d'Diir op. Dann gräift hien mat langem Arm an den Schaaf a jäitz esou hart ë kann. Wéi hien d'Hand eraus hëllt, huet hien eng zougeklappten Ratefall un der Hand hänken. Hie sprengt wéi ë Verreckten*)

10.(Bopi, Benni, Hutzkatz)

- Bopi: (*kënnt séier aus der Stuff*) Aha, hun ech dech elo gefangen. Du Ratekapp! (*séier bei d'Fenster*) Benni! Benni! Komm séier!
- Benni: (*dobaussen*) Ja!
- Hutzekatz: (*versischt, d'Fall lass ze machen*) Oh! Oh! Déi ass jo zevill fest. Hëllef mer dach nemmen!
- Bopi: (*dréint de Bengel iwer sengem Kapp*) Ech wäert dir hëllefen!
- Benni: (*kënnt séier vu lenks*) Wat ass dann hei lass?
- Bopi: Ech hun een an der Ratefall gefangen. Ech hun hien gefangen, dee Ratekapp.
- Benni: (*lacht*) Saperliponette, dat do ass awer och e richtig fette Raat.
- Hutzekatz: Ma hëllef da keen mir Armen. Mach dach déi Fall lass. Ech haalen et net méi aus. Dat deed schrecklech wéi.
- Bopi: Dat soll och wéidinn! Du Spëtzbouw.

Benni: Soll ech d'Police ruffen?

Hutzekatz: Neen, keng Police, nemmen keng Police! Ma macht dach déi Folterkammer lass. Ech verléieren meng Fangeren jo nach domadden!

Bopi: Déi Fall bleiwt emol nach wou sē ass. Déi hues de verdingt!

Benni: Jo, wann dat mat der Polizei net geet. Wat machen mer dann elo mat him.

Bopi: Fir d'éischt emol an de Gromperekeller matt him.

Benni: *(Hëllt den Hutzekatz beim Kolli)* Sou, Frëndchen, wanns de schon Angscht vrun der Police hues, da musse mir dech fir d'éischt emol asperren. Nemmen pass op, wanns de dech mucks. Dann hues de d'Gendarmen am Geneck! *(en dreckt en zur Diir, déi de Bopi ophëllt, aus fir an de Keller)* Lass, virun, du ranzeg Speckschwart!

Hutzekatz: Jo, jo, ech gin schon eran! Dat halen net méi aus.

Benni: Amuséier dech nach ë bëschen domadden. Sou! An elo eran d'Lach! *(wann een et ka gesinn, da stéisst hien ën eran)* An dat soën ech der! Nemmen ee Pippcheswuert, dann ass d'Police hei! Sou, an elo wees de Bescheed!

Hutzekatz: *(stolpert an de Keller)* O meng Hand, meng Hand!

11.(Bopi, Benni, Edith)

Bopi: *(sperrt d'Diir zou, an stëcht de Schlëssel an d'Täsch)* Sou, den ass emol op Nummer Sëcher.

Benni: Wat hues de dann elo mat him wëlles, Bopi?

Bopi: *(lusseg)* Dee versuergen ech mir bis ech ë brauch. An elo kucken ech awer emol nach op den Hond mir näischt geklaut huet. *(hie geet bei de Schaf a raumt alles eraus. Eng Kassett, an ë Pak Pobeier reecht hien dem Benni. Dobäi kënnt och dat alt Hoar zum Virschäin, ouni dat de Bopi et mierkt)* Hei, lee emol alles op den Dësch.

Benni: *(hëllt d'Sachen alleguerten of an setzt sē op den Dësch, dobäi fällt him och dat aalt Hoar op. Hie bekuckt sech et ganz erschreckt)* Ou? *(kuckt de Bopi, deen dat neit Hoar an der Hand huet, an mam Ausraumen vun sengem Päiferouer beschäftegt ass. Vun baussen sollen allerhand gelunge Sachen eragereecht gin, déi vläicht komesch wirken)* Hmm! *(lues)* Dat ass jo ganz interessant! *(Leet d'Hoar erem bei déi aner Sachen op den Dësch)*

Bopi: *(bekuckt sech di futtis Diir)* Huet den Dachdéif mer jo net d'ganz Diir futti gemach. *(Hien steet mat vill Méi erem op an sëtzt sech un den Dësch)*

Benni: Wéi ass et, Bopi, ass nach alles do?

Bopi: *(hëllt d’Kassett)* Fir d’éischt emol d’Suën nozielen! *(Hien hëllt d’Päck mat de Geldschäiner)* ... 50.000 ... siwenzeg ... honnert ... *(iwerdeems wou de Bopi zielt kënnt d’Edith vun lenks eran an d’Stuff)*

Benni: Oho! Edith! A wouhin dann esou séier?

Edith: *(léisst sech net ophaalen)* Ech hun keng Zäit! *(hat geet séier an d’Stuff riets hannen)*

Bopi: *(zielt nach emmer)* zweehonnerttausend.... zweehonnerttausend-fofzeg ... zweehonnerdausend-dräiafzeg ... stëmmt genau, wéi d’Fauscht op d’Aa.

Benni: *(dréint sech dem Bopi erem zou)* Dat ass awer allerhand!

Bopi: *(kuckt de Benni mësstrauesch un)* Wat ass, wat hues de esou ze glotzen?

Benni: Ech kann mech nemmen wonneren, dat bei dir d’Suën vun de Matte gefries gin an an der Landwirtschaft feelt et eis an allen Ecken an Ännen.

Bopi: Mach der keng Suergen. Hei läit och Mattegëft an esou guer wéi’s de gesäis helefen hei Ratefallen. Hei as ë sëcheren Safe.

Benni: *(lacht)* Dat hun ech elo gesin! Et hat net vill gefeelt, da war et richtig duerch d’Päif!

Bopi: *(lusseg)* Tja, ech war nemmen ë wéineg méi schlau!

Benni: Ech fannen et awer ë wéineg domm, dat dat Geld fir näischt a wider näischt hei erem läit. Mäijong, wat kéinte mir de Betrieb op d’Héischt brengen. Dat duebelt kéinte mir erauswirtschaften.

Bopi: A sou, da wëlls de wuel och hei esou neimoudesche Krom uschafen, wéi den Rommelbauer, ass et esou?

Benni: Nach vill méi neimoudesch! Den Rommelbauer huet jo scho bal dat duebelt wat mir hun, an dobäi ass säin Land nach vill méi schlecht wi eist. Nemmen mat all denen Suën do, wärend mir geschwënn vill mäi wäit wéi hien.

Bopi: Ou! A wou hues de all déi Gescheitheeten dann hier?

Benni: Ma ech hun mech emgekuckt. Ech hun och net grad emmer geschloof an der Landwirtschaftsschoul.

Bopi: Landwirtschaftsschoul! Wat dir do léiert, dat kennen ech! D’Suën ausgin fir en Trakteur, Motoren an nach esou neimoudesch Sachen! Dat ass fir Kanner, awer net fir erwuesse Leit, déi net méi spillen!

Benni: *(vertauscht dem Bopi säin neit Hoar mat dem aalen iwerdeem de Bopi erem seng Suën an d’Kassett leet)* Wanns du mengs, da bleiw alt beim aalen!

Bopi: *(huet näischt dervun anuescht geholl, hëllt säin aalt Hoar)* Hues de elo eppes gesoot?

Benni: *(schwätzt net méi hart)* Wéi ass et Bopi, hues de mech verstanen?

Bopi: Wat? Wat ass dat? Ech kann näischt méi héieren! (*bekuckt sech säin Hoar an rëselt et*) Dat do ass deen aalen Dreckstriichter! Wou ass dat neit Hoar?

Benni: (*jäitz him elo a säin Hoar*) Esou een neimoudeschen Krom dagt dach näischt. Dat ass dach nëmmen eng Kannerspillsach!

Bopi: Heihinner mat dem neien Hoar! Ouni dat kann ech net méi sin.

Benni: Dann hei, dann hues d'et alt erem! (*gët him et*)

Bopi: (*gräift mat Freed duerno an heemelt et*) Sou, dat ass dach wéinstens en Hörautomat!

Benni: Kuck emol do, da mecht dir de moderne Buttek awer och Spass, wéi?

Bopi: (*iwerglecklech, lacht*) Jooo! Wonnerbar ass dat! Wees de, ech komme mir baal fir wéi de Liebe Gott!

Benni: Lues, lues, dat as elo awer ë wéineg iwerdriwen.

Bopi: Nee, nee, dat stëmmt, grad wéi de Liebe Gott! Vun deem mengen d'Leit och emmer, hie gesäit an héiert näischt. An hanneno ass ën dach duerhanner komm, watt fir eng Schandtatsi un den Dag bruecht hun. Grad esou geet et mir och. Du gleews guer net, wat ech des Deeg alles gewuer gi sin.

Benni: (*lacht*) Mee mech kanns de net uschmieren.

Bopi: Mach, dass du den Mond hält. Nach dierf keen dat hei wëssen.

Benni: A sou, du wëlls nach ë bësche méi lang de Liebe Gott spillen!

Bopi: Ech well nemmen nach erauskréien, wéi wäit hat dat nach dreiw. Well wat mengs de wat nach muncheree geng lauschteren, wann ë geng héieren, watt iwerall t'Mauere gengen héieren, wann se kéinte lauschteren.

Benni: Majo, Bopi! Ech wees net! Du hues awer och esou eng kleng Schold drun, dat et hei esou komm ass.

Bopi: Ech? Ech war net Schold drun. Soo, dat huet mir awer nach keen gesoot.

Benni: Dat's du dän eegene Bouf, den Eugène nach wéi ee Kniecht behandelst, dat ass dach net richtig.

Bopi: Dee Schnuddler, den kann dach näischt!

Benni: (*lacht*) Lues, lues, Bopi, esou ee Schnuddler ass en awer schon lang net méi. Schliesslech kritt en elo baal 60 Joer. Ech geng gäer wëssen wat's du gemach häss, wann dän Aalen dech esou ënner der Fuchtel gehaalen hätt.

Bopi: Ech hätt him de ganze Buttek virun d'Féiss geheit.

Benni: (*lacht*) Dat hätt ech och gemacht.

Bopi: Ma sècher, dat kann den Eugène jo och nach machen!

Benni: Duerfir ass et elo ze spéit. Elo huet hien den Anschluss verpasst.

Bopi: Dat huet ë sècher. (*hëllt d'Kassett*) Nemmen wuer gin ech elo mat mengen gespuerten Suën? Mäi gepanzerte Schaaf ass elo demoléiert.

Benni: Da bleiwt näischt anescht, stiech sè an de Betrieb!
Bopi: Du kanns engem eppes soueren (*dréint sech an der Stuff*) Neen, ech verstoppen et elo mol anzwousch anescht. Wat ech duerno machen, dat gesin ech jo da méi spéit. (*hien geet domadden a seng Stuff*)

12.(Benni, Edith)

Benni: (*rëselt de Kapp a kuckt him no*) Dee gët och net méi richtig gescheit.
Edith: (*kënnt aus der Stuff riets, huet d'bescht Gezei un, an ass fäerdeg fir fortzegoën*)
Benni: Wat ass dann nemmen lass, Edith? Geet et op Sonndeg lass?
Edith: (*frouh*) Jo! Ech verreesen!
Benni: Verreesen? An dat esou plötzlech?
Edith: Jo, ech fueren op Réimech! D'Tatta Berti huet mir Urlaub gin, an den Hutzekatz hëllt mech a sengem Won mat.
Benni: A sou! D'Tatta Berti gët dir Urlaub fir op Réimech ze fueren. An den Hutzekatz hëllt dech mat. Hmmmmmm! Dat ass jo séier interessant!
Edith: Wat schwätz de op eemol esou komesch. Hues de eppes dergéint?
Benni: A wouhier? Wat sollt ech dergéint hun? Neen, fuer du roueg mam Hutzekatz op Réimech. Dat heescht, wann hien dech mathëllt.
Edith: Bestëmmt mëcht hien dat! Hien huet mir et gëschter versprach!
Benni: Ou? Dat huet hien dir gëschter versprach? Dat ass jo schon eng deck Frëndschaft tëschent iech zwéin, wéi?
Edith: (*iergerlech*) Wat hues de nemmen, Benni? Du bass guer net léiw.
Benni: Ech hun näischt. Ma wou solls de den Här Hutzekatz dann treffen? Oder kënnt ën ieren mat sengem groussen Mercedes hei firgefuer an hëllt dech of?
Edith: Beim Schmatt um Eck soll ech warden.
Benni: Wann ën dech net einfach warde léisst.
Edith: Dat sin dach domm Gespréicher. Du kanns mir nemmen net vergonnen, dat ech matfueren. Du bass wuel jalous, oder net?
Benni: (*lacht*) Op den Här Hutzekatz? Nee, ganz a guer net!
Edith: Ech hun keng Zäit méi! Äddi! (*Hat geet schnell zur Diir lenks, dann kommen d'Berti an den Notär eran*)

13.(Berti, Edith, Notär, Benni)

Berti: (*zum Edith*) Wat? Bass du nach hei? Elo heescht et awer sech fläissen. Du kanns dach den Här Hutzekatz net warde loossen.
Edith: (*leeft eraus*) Jo, jo, ech lafen schon!

Berti: Kommt eran, Här Notär! Ech huelen de Bopi nach.
 Notär: *(zum Benni)* Gudde Moien!
 Benni: Gudde Moien!
 Berti: Wou ass de Bopi, Benni?
 Benni: A senger Stuff.
 Berti: Laaf emol séier an ruff den Eugène eran.
 Benni: D'ass gudd. *(geet riets of)*

14.(Bopi, Notär, Berti, Eugène)

Bopi: *(kënnst aus der Stuff)*
 Notär: Gudde Moien, Bopi Summer! Wéi geet et Iech?
 Berti: O Mamm, da musst der vill méi hart schwätzen. Dat héiert hien dach net.
 Notär: *(verwonnert)* Ou? Ech mengen gëschter war et awer net esou schlëmm mat sengem Daaf-sin.
 Berti: Wat een net a seng Trooter brëllt, kritt hien guer net mat.
 Notär: *(verwonnert)* Ou?
 Bopi: *(huet sech op seng Platz gesaat an sortéiert d'Pobeieren)*
 Notär: *(jäitzt him an d'Hoar)* Gi mer net an äer Stuff, Bopi Summer?
 Bopi: Neen, dat kënne mir och hei machen.
 Berti: Huel eech emol hei Platz Här Notär. *(si reecht him ë Stull zurecht)*
 Notär: *(sëtzt sech un den Dësch – mam Gesiicht zum Publikum)* Ma sollt den Bopi Summer net och hei ...
 Berti: *(ënnerbrécht hien)* Nee! Loosst den do am Eck brucken! Dat ass seng léifste Platz. Do fillt hien sech am wuelsten.
 Eugène: *(Kënnst vun riets eran)* Gudde moien, alleguerten!
 Berti: Hei, do bass de jo schon.
 Notär: Gudde Moien, Här Summer! *(gëtt him d'Hand)*
 Berti: *(weist dem Eugène eng Platz op der Säit vum Dësch)* Sëtz dech emol dohin.
 Eugène: Wéi's de mengs, Berti!
 Notär: Ma da wëllt den Bopi Summer elo säin Haff oftrieden.
 Berti: *(hëllt de Brouillon vum Hutzekatz ënner dem Schiertësch eraus)* Jo! Mir hun dat heien schon ë bëschen opgeschräwen.
 Notär: *(hëllt d'Schrëftsteck)* Nee, et ass net méijlech. Huet dir et hei schon opgeschräwen?
 Berti: Awer nemmen esou, dat der wësst, wéi et gemengt ass. Richteg opsetzen, wéi et sech gehéiert, dat muss dir dach awer scho machen, net wouer?
 Notär: *(fängt un ze liesen)* Ma da loosse mer mol ufänken: "Opa Summer überschreibt seinem Sohn Eugène Summer und seiner Ehefrau

Bertha, geborene Meier” – wat, och op äere Numm soll den Haff geschriwen gin? Dat ass dach awer soss guer net de Brauch.

Berti: Jo, dat ass wéinst de Steieren. Wann den Eugène herno emol viru mir ofgeet, wat ech jo net hoffen, da brauch een fir den halwen Haff dach keng Ierwschaftssteieren ze bezuelen.

Notär: (*ironesch, well ën d’Berti duerchkuckt*) Majo, majo, Steiere muss ee jo spueren, wou een kann! (*liest weider*) “Das Ehepaar Summer stellt an Opi Summer bis an sein Lebensende eine Jahresrente von...” (*zum Eugène*) Här Summer, de Betrag ass nach net dragesat. Wéivill wir dat?

Eugène: Grad esou vill, wéi d’Pacht ass: 50.000 Frang waren et jo, ass et esou Berti?

Berti: Neen, dat ass zevill. Mat 30.000 Frang kënt de Bopi gudd duer.

Notär: Ass en dann domadden averstanen?

Berti: Méi packen mir net. Ne Eugène?

Eugène: Wéi’s du mengers, Berti.

Notär: Nemmen froën musse mir ën awer fir d’éischt.

Berti: A wouhier! Wann mer hien froën, da grommelt ën erem! Hien ass aal an gët net gäer gestéiert. Wëss der, hien ass esou verwonnerlech.

Bopi: (*hallef hart*) Verwonnerlech? Du wäers dech nach verwonneren!

Berti: (*séier op de Bopi duer, an ganz hart*) Hues de eppes gesoot, Bopi?

Bopi: Nee, nee, nemmen weider!

Berti: Gesidd der, en huet näischt dergéint. Schreiwt roueg 30.000 Frang.

Notär: A sou, a sou? Hien huet näischt dergéint? Nemmen ë kritt et hanneno jo nach ze héieren, dann kann hien sech ausschwätzen.

Berti: (*ganz hart zum Bopi hin*) Et gët alles esou gemach, wéi’s du et wolls hun, Bopi!

Bopi: (*wiert of*) Jo, jo, scho gudd, nemmen virun.

Notär: Da sid dir den eenzegen Jong am Haus, Här Summer?

Berti: Kloër déi, den Eugène ass den eenzege Jong.

Notär: Dann huet dir also keng Gesëschter?

Eugène: Dach, eng Schwëster hat ech.

Berti: Dat ass derduerch gang mat engem Chauffeur vun engem Fernlaster. Nemmen dat ass elo doud.

Notär: A Kanner hat déi net?

Eugène: Dach, eng Duechter huet së hannerlooss.

Notär: A wou ass déi elo?

Berti: De Bopi huet sech së hei an d’Haus geholl. Leider!

Notär: Tja, ma kritt déi dann guer näischt?

Berti: Dat geng nach grad feelen. Dat Weesekand. An et mecht him nemmen Ierger. Geet et net schon duer, dat et hei de Kascht kritt? Nee, fir dat huet de Bopi näischt iwreg. Dat kriit net emol esouvill. (*mecht eng Bewegung mat de Fanger*) Ass et net esou Eugène?

Eugène: Wéi's de mengs, Berti.

Bopi: *(houscht iergerlech)*

Notär: Tja, esou einfach ass dat awer net. Hiere Pflichtdeel ass ee Véierel, an dee kann si verlangen!

Berti: Elo muss ech awer lachen! Ee Véierel vun dem schéinen Haff. Wat sees du derzou Eugène?

Eugène: Wann den Här Notär dat seet, da muss dat schon esou stëmmen.

Berti: Neen, domadden kann ech mech net offannen. Do wëll ech mech awer emol nach emfroën.

Notär: Gudd! Emfroot iech emol fir d'éischt. *(steet op)* Da verleeën mir d'Sach emol bis spéider.

Berti: Verleeën? Nee, dat kënnt net a Fro. Da schreiwt em Gottesnamen dat dat Framensch säin Deel kritt.

Notär: Schéin! *(setzt sech erem hin)*

Berti: Awer een Deel muss ech dann nach derbäi sooën. Dann sin 30.000 Frang zevill Suën. Da schreiwt do emol nemmen 20.000 Frang hin.

Notär: Geet dat dann duer fir den aalen Mann?

Berti: Domadden kënnt hie gudd duer. Am Altersheem verlangen se net méi, wann mir ën an d'3. Klass stiechen.

Notär: Soll ën an d' Altersheem?

Berti: Ma sëcher! Do ass ën gudd opgehuewen!

Bopi: *(hallef hart)* Dat huet der Däiwel am Leiw!

Berti: *(zum Bopi zou, an hart an d'Hoar, pikfrëndlech)* Hues de eppes gesoot, Bopi?

Bopi: Nee, nee, mach nemmen esou virun!

Berti: Ou, deng Decken ass dir fortgerutscht. Du kriss jo kaal Féiss. Komm ech weckelen dech schéin an! *(paakt him d'Decken em)*

Bopi: *(wiert iergerlech)* Nee! Et ass mir ze warm! Ech loosse mech net aweckelen!

Berti: O mei, ech mengen et dach nemmen gudd mat dir *(beméit sech weider em hien)* Gesäis de, ech leeën dir d'Decken ganz labber iwer d'Knéien.

Notär: Wat ech nach froë sollt, Här Summer. De Papp vun äerer Schwëster hierem Kand, wou as deen dann bliwen?

Eugène: Deen hat en Autosaccident.

Notär: O wéi schued. An d'Meedchen, versteet dat eppes vun der Landwirtschaft?

Eugène: O et huet sech ganz gudd agelieft. Et kann souzësoën alles. An fläisseg ass et och.

Berti: *(kënnt un den Dësch)* Wat ass?! Glad näischt ass et! Emmer mam Kniecht an den Ecker an op der Genn! Doranner ass hatt gudd! Nemmen schaffen – net déi Boun!

Eugène: O, ech géif awer ...

Berti: Wat's du géifs, dat ass dommt Geschnëss! Et ass esou ee Flittchen, wëss der Här Affekot, dat näischt kann an näischt mëcht.

Eugène: Wéi's du mings, Berti!

Notär: War si dat, déi elo grad zur Diir eraus gangen ass, wéi ech elo komm sin?

Berti: Jo, dat war et. Et wollt onbedingt mam Auto op Réimech. An dat mëtten an der Woch. Grad elo, wou mer matten an der Arbëcht setzen. Wou et elo grad och nach mam Heemount ugeet. Do gesidd der wat et fir eent ass.

Bopi: Wëll der dann net virun machen? Wéi lang soll dat dann nach daueren?

Berti: Jo, jo, mir sin schon fäerdeg. Et gët alles esou gemach, wéi's du et gären hues. *(zum Notär)* Macht elo virun, Här Notär. Hien gët schon ongedëlleg.

Notär: Majo, da schreiwe mer emol 20.000. Wat de Bopi derzou seet, kréie mir herno jo nach ze héieren.

Berti: An d'Iwerschreiwenn muss direkt geschéien. Mir wëllen den Hierscht nach verpachten.

Notär: Wëll dir verpachten?

Berti: Kloer déi! Meng dir, ech géif mech hei bis un mäin Liewensänn zu Doud schënne lossen? Dat meeschte Land gët verpacht. Mir halen eis nemmen esou vill, wéi mir fir de Restaurant brauchen.

Notär: Wëll dir hei ee Restaurant ariichten?

Berti: Jo, et war jo schon emol esou eppes ähnlechtes hei. An ech well dat erem op d'Been brengen. De Bopi hat et verkomme geloss. An ech sin aus esou eppes hier. Ech verstinn mech drop.

Notär: An duerfir muss de Bopi Summer vum Haff?

Berti: Jo, dat geet nun emol net anescht. Mat deem sengem Gedeessems de ganzen Dag, gengen mir keng Gäscht hei behaalen.

Bopi: Dem Däiwel seng Groussmamm!

Berti: *(op de Bopi geriicht)* Hues de eppes gesoot, Bopi?

Bopi: Nee, nee, nemmen weider!

Notär: Tja, da wëlle mer elo mol kucken, wat de Bopi derzou seet. Mir liesen him dat heien elo mol fir.

Berti: Virliesen? Dat versteet hien jo dach net. Hei Bopi! Ennerschreiw emol! Et ass alles esou gemach, wéi's du et wëlls hun.

Notär: Nee, nee, dat geet net! Wann een och net héieren kann, da muss hien et an aller Rou liesen.

Berti: O mei, o mei, wat fir lang Emstänn! Mir sin dach ënner Familjen!

Notär: *(ironesch)* Just duerwéint!

15.(Benni, Berti, Notär, Bopi, Eugène)

Benni: *(kënnst vun lenks eran)*
 Berti: Wat wëlls du dann hei?

Benni: Ech wollt nemme froën, op ech haut de Mëtteg d'Miel vun der Millen soll huelen. Et ass näischt méi fir d'Schwäin do.

Berti: Wann näischt méi do ass, dann géi es erem sichen. Duerno hues de soss jo och nie gefroot.

Benni: D'ass gudd. (*Gesäit dat de Bopi d'Schrëftsteck an der Hand huet*) Bopi, kuck der gudd un, wat's de ënnerschreiws.

Berti: (*rosen*) Elo gët et mer es awer dach ze bont! Wat mëscht de Kniecht sech an eis Privatsachen!

Notär: (*roueg*) Dir däärfst iech net an Sachen mëschen, déi iech näischt ugin.

Berti: Hues de héieren?!

Benni: Jo, jo, ech gin schon. (*hallef hart zum Bopi*) Ech hun gemengt, du häss d'Oueren elo ë bëschen méi grouss op, Bopi?

Bopi: (*zischt ën un*) Hal d'Maul, du Schoofskapp!

Berti: (*triumféiert*) Dat ass déi richteg Äntwert. Sou muss een him bäikommen. (*Zum Benni*) Du bass entloss, perdautz, op der Platz entloss! Ass et net esou Eugène?

Eugène: Wéi's du mings, Berti. Da muss et alt esou sin.

Berti: Hues de héieren, du bass entloss, da mach elo vif, dass de hei eraus kënns.

Benni: (*lacht*) Dat machen ech! An d'Edith geet mat! Dat der et wësst, mir gin iwerall fäerdeg mat der Arbëcht.

Berti: (*zynesch*) Do hu mer et jo erem. Seng Mamm ass mat engem Fernlaster derduerch, an elo latscht hat mat engem Kniescht. Domadden hun ech scho lang gerechnet.

Benni: Schwätzt wat der wëllt! Nëmmen de Bopi deed mer leed!

Berti: (*ausser sech*) Raus! Soën ech!

Bopi: (*stéisst energesch mat sengem Bengel op de Buedem*) Benni! Du bleiws!

Benni: Neen, ech gi léiwer!

Bopi: (*stéisst nach eng Kéier mat dem Bengel roosen op de Buedem*) Du bleiws! Sou, stell dech elo dohannen an den Eck. An du sees kee Wuert méi!

Benni: Wat soll ech dann nach hei?

Bopi: D'Maul haalen!

Berti: Dat mengen ech och!

Bopi: D'Meedchen, d'Edith soll heihinner kommen!

Berti: Wat soll dat dann nach hei?

Bopi: (*stéisst mam Bengel*) Dat Meedchen soll heihinner. Gët et da baal?

Berti: Dat ass net do! Et ass duerch d'Latten op Réimech!

Bopi: (*wees et jo besser*) Benni! Huel du d'Edith erbäi!

Benni: (*roueg*) Ech mengen, ech wäert et wuel nach beim Schmatt um Eck stoë gesinn. (*hien geet op d'Diir lass*)

Berti: Da wäerts de wuel ze spéit kommen.

Benni: *(roueg)* Dat gleewen ech net. *(geet séier no lenks of)*

16.(Berti, Notär)

Berti: Ech wees net, wat dat alles soll. *(hallef hart zum Notär)* Et däerf een deem aalen seng Topegkeeten dach net hei gewärde loossen.

Notär: Mir kënnen eis awer och net einfach iwer de Wëllen vum Bopi Summer ewegsetzen.

Berti: Aal Leit sin oft wonnerlech. Wann et reent wëllen së an d'Hee goën! Deen do huet së jo net méi all, Här Notär.

Notär: Wann dir dat mengt, Madame Summer, dann däerf ën de Vertrag op kee Fall ze ënnerschreiwen, dat däerf nëmmen een deem am volle Besëtz vun senge geeschtege Kräften as.

Berti: Nujee, esou schlëmm ass et nun och alt net. Am Ierger huet ee munchmol schon mat engem Wiertchen iwerdriwen.

17.(Benni, Edith, Berti, Bopi, Notär, Eugène)

Benni an Edith: *(kommen séier vun riets eran)*

Benni: Sou, ech hun et!

Berti: Wat? Bass du nach net fort?

Edith: Neen, den Här Hutzekatz koum net. Hie wäert mech wuel sëtze gelooss hun! Do hun ech d'Warden opgin. Virum Haus ass de Benni mir grad entgéint komm. Wat soll ech dann Bopi?

Bopi: Stell dech dohinner bei de Benni!

Edith: Jo, nëmmen ... wat soll ...

Bopi: D'Maul haalen! *(zum Notär)* Sin dat genuch Zeien fir meng Ennerschrëft, Här Notär?

Notär: *(den mat der Entwecklung vun den Denger sichtlech zefridden ass, lacht)* Méi wéi genuch! Nëmmen dir musst iech dat duerchliesen.

Bopi: Net néideg! Ech wees och esou, wat alles dra steet.

Berti: *(eifreg vu Freed, kënn mat der Fieder am Grapp bei de Bopi)* Hei, Bopi. Hei hues de eng Fieder. Kuck, do ënnen, do muss de däin Numm schreiwen! Kuck hei!

Bopi: Gëf heihinner!

Berti: *(gët him mat grousser Freed d'Fieder)* Tja, de Bopi léisst sech net esou séier fir domm verkaafen. Dee wees genau, wien et gudd mat him mengt.

Bopi: Dat wees ech och!

Berti: *(fillt sech gebauchpinselt)* Wie séileg wëllt stierwen, gët all säin Gudd un déi richteg Ierwen!

Bopi: Dat ass ë Woërwuert! (*sträicht d'Blad kräiz a quier duerch, zerknautert de Pobeier a werft dem Berti ën virun d'Féiss*) Do hues de däin Dreck.

Edith: (*jäitz hallef hart. De Benni dréckt him den Arm, hat soll roueg sin*)

Berti: Bopi, wat heescht dat?

Bopi: Dat gëss de elo gläich gewuer. Sou, Här Notär, dann huet elo mol ë frëscht Blad Pobeier!

Berti: Eugène! Dat do geet net gudd aus! Dat duerfe mir net zouloossen. Eugène! Dajee, da so dach eppes!

Eugène: (*steet hallef vun sengem Stull op*) Wat soll ech dann soën?

Berti: (*jäitzt ën un*) Topert!

Eugène: (*léisst sech erem op säi Stull zreckfaalen*) Topert ...

Bopi: Sidd der elo esou wäit, Här Notär?

Notär: (*lëschtteg*) Jo, a lass!

Bopi: Ma da kann et jo elo lass goën! (*bei all Punkt stéisst hien mat sengem Bengel op de Buedem*)
Eischtens: den Haff bleiwt a mengen Hänn!
Fir d'zweet: No mengem Doud ierwt menger Dueschter hiert Meedchen Edith Weidebam alles!

Berti: Deen ass tirlitti!

Notär: Roueg!

Bopi: Zum Drëtten! Hat kriit ën awer nëmmen dann, wann et eise Kniecht Benni Stréisack, deem ech als Verwalter vu mengem Haff asëtzen, bestied.

Edith: (*jäitzt glëcklech*) Benni!

Benni: Pssst! (*dréckt him d'Hand*)

Berti: Wat? De Kniecht soll dat Meedchen bestueden? Den hiergelafenen Käerel soll op den Haff? Dat wäer jo nach méi schéin! A wou bleiwe mir dann?

Bopi: (*stéisst mam Bengel op de Buedem*)
Zum Véierten! Mäin Jong Eugène kritt als Pflichtdeel d'Millenhaus mat 3 Hektar Land, an de Rescht a boer.

Berti: Wat? Ech soll an d'Millenhaus? Menger Liefdach kréien mech keng 10 Päerd dohinner.

Bopi: (*schmunzelt a schwetzt emmer virun*) An an der Millen kann meng léif Schnauer Berti, gebuere Meier, dann jo hier Milkbar opmachen.

Berti: Dat ass jo een Hohn. Elo rässt mer awer d'Gedold. Herr Notär, den Aalen ass jo schlëmmer wéi niewent de Kapp gestouss! Dee muss ee Momper (?) kréien!

Notär: (*roueg*) Dat mengen ech net, Madame Summer. No mengem Wëssen ass hien nach allerhand hell a bei Verstand.

Berti: Da stiecht dir hei all ënner enger Decken!

Notär: Passt op Äer Zong op, Madame Summer!

Berti: Alleehopp! Dat ass jo dommt Gebraddels! Bopi, dat ass dach net däin Eescht! So, dat et dir nëmmen Spaass ass.

Bopi: Ma jäitz dach net esou! Ech kann gudd verstoën, wanns de lues schwätzt!

Berti: Wat? Du kanns elo op eemol héieren?

Bopi: *(lëschteg)* Jo, zanter gëschter kann ech héieren. An do sin ech just mat Zäiten dohanner komm, wat's du fir ë verdäiwelt Framënsch bass! Hei, mäin elektronesch Hoar, domadden héieren ech eng Maus pissen!

Berti: En neit Hoar. Esou eng Gemengheet! Dat huet d'Meedchen dir opgeschwat. Esou een hannerlëstegt Louder! Et brengt eis nach em de ganzen Haff! O wart! Et gët nach Geriichter!

Notär: D'Geriichter wäerten Iech wuel kaum hëllefen kënnen, Madame Summer. Dat huet schon alles seng Richtegkeet.

Berti: Sou? Dat huet schon alles seng Richtegkeet? Meng dir? Ma esou liicht gin ech awer nach lang net op. Ee Glëck, dat den Eugène gëschter den Terrain vum Restaurant kaaft huet. Da bleiwt déi Ierwschaft wéinstens eis. An dat huet och seng Richtegkeet.

Notär: Dat ass awer ë wéineg aneschter, Madame Summer, well ...
(hie gët ënnerbrach duerch d'Lisi Tëntefleck, dat era gerannt kënnt an den Tobias Tëntefleck viru sech hierdreiw)

18.(Lisi, Notär, Tobias, Berti, Eugène, Benni, Bopi)

Lisi: *(stéisst den Tobias vun lenks eran)* Sou, emol mat dir, du Fäertarsch! *(op den Notär duer)* Här Notär! Den Vertrag, den mäin Mann gëschter ënnerschriwen huet, dee gëllt net. Ech sin dergéint!

Notär: *(schmunzelt)* Tja, Madame Tëntefleck. Dat notzt iech näischt. Äeren Mann ass groussjäreg a kann mat sengem Eegentum machen, wat ë wëllt.

Lisi: Hien zitt seng Ennerschrëft zreck. *(zum Tobias)* Alleehopp, d'Maul op! Soo, dass de d'Ennerschrëft zreckziss.

Tobias: Lisi, komm dach bei Verstand. Dat kann ech net. E Wuert muss ë Wuert bleiwen.

Lisi: Kanns du dat net? Wart elo! Dat wëll ech dir nach bäibringen! Direkt zits du elo deng Ennerschrëft zreck!

Notär: A wann hien dat och wéilt, da geng dat nach net goën. De Vertrag ass geschriwen, an ënnerschriwen vun 2.

Berti: *(lacht zefridden)* Jo, wanns de dat gengs agesinn!

Lisi: *(nach eng Kéier un den Notär)* An dorunner ass wirklech näischt ze retten?

Notär: Näischt. Vertrag ass Vertrag!

Lisi: An ech gin guer net gefroot?

Notär: Neen, dat brauch äere Mann net.

Lisi: An dobäi liest een all Dag vun der Gläichberechtigong vun der Fra an der Zeitung! Wat hun ech dann elo dervun, wann ech net gefroot gin, an näischt ze soën hun.

Notär: D'Gläichberechtigong bedeit net, dat d'Fraën elo eleng eppes ze soën hätten.

Lisi: *(gëfteg)* Da fleeten ech op äer Gläichberechtigong! *(dréint sech zur Diir)* Komm, Tobias!

Tobias: *(follegt)*

Berti: *(mat Satisfactioun)* Tja, Lisi Tëntefleck, do haas de dech geschnidden. Et gehéiert ganz dem Eugène! An dat halen ech fest an der Hand, dorobber kanns de dech verloossen!

Notär: Neen, Madame Summer. Äere Mann huet d'Land ënner dem Restaurant net kaaft. De Vertrag ass gëschter mam Bopi Summer gemacht gin.

Berti: Wat? De Bopi huet dat Land kaaft?

Lisi: *(nach an der Diir, dréint sech em)* Elo hues du dech geschnidden, Berti Summer! Hahahaha! Ech lachen mech futti!

Berti: Eugène, wat hues du gemacht? Nu schwätz schon!

Eugène: Jo, dat Land huet de Bopi kaaft.

Notär: *(huet de Vertrag aus senger Mapp geholl)* Wannechglift! Hei ass de Vertrag!

Berti: *(werft de Vertrag an den Eck)* Dee wëll ech guer net gesinn. Eugène! Du Dräibitz! Ech haat der dach gesoot, du solls ...

Eugène: De Bopi huet gemengt, dat ech den Terrain vum Restaurant dach matkréich, wann ech den Haff geng ierwen!

Berti: Hues d'en dann elo kritt, du hellger Stréisack!

Eugène: Neen!

Berti: *(sammelt sech)* Abe schéin dann. Da bleiwt mir nemmen nach ee Wee. Ech gin mam Hutzekatz op Réimech! Hei hun ech Zodi genuch! A vun dir loossen ech mech scheeden! Sou!

Eugène: *(glëcklech)* Wéi's de mengers, Berti!

Benni: Wann den Här Hutzekatz iech iwerhapt wëllt, Madame Summer.

Berti: *(secher)* An do kanns de Gëft drop huelen!

Benni: Ma da kënne mir hien jo mol gläich froën. Bopi, du hues jo de Schlëssel?

Bopi: *(gët him de Schlëssel)* Do! Looss ën emol eraus.

Berti: Froën? Ass den Hutzekatz dann nach hei?

Benni: *(mëcht d'Kellerdiir op, a léisst den Hutzekatz eraus)* Eraus elei, Hutzekatz! Elo kanns de reesen!

Hutzekatz: *(huet sech d'Fall lassgemach, an reift sech d'Fangeren)*

Benni: Ah, hues de d'Fall elo lass kritt?

Berti: Metti! Soutz du hei am Keller?

Hutzekatz: Jo, agespart hun së mech. Dir kënt alt schon gläich meng Klo opschreiwen wéint Kierperverletzung, Misshandlung, a Freiheitsberaubung!

Benni: Esou eng Frechheet! Hues de net hei dem Bopi säin Wandschaaf opgebrach?

Hutzekatz: Hues du dat gesin?

Benni: Dat net. Nëmmen de Bopi huet dech geschnappt (wéi's du mat de Fangeren.....???)

Hutzekatz: D'Diir vum Schaaf stong op, wéi ech era komm sin. Der Däiwe!?

Benni:?

Hutzekatz: Dat huet mech interesséiert. Wat hei de Vertrag ubelängt mat dem Buedem enner dem Restaurant. Ech hat iwregens den Opdrag vun der Madame Summer. Ech wollt nëmmen emol wëssen wéi dat Lach do an der Mauer fir eng Bewandernis hätt. Ech hat jo keng Ahnung dat eng Ratefall opgeriicht wär.

Benni: Ee Gléck, dat de Bopi së opgeriicht hat, soss wirs du elo schon mat dem Bopi senge Souen iwer all Bierger.

Hutzekatz: Wat? War do Geld dran? An dem aalen Lach?

Benni: Jo, iwer 250.000 Frang

Hutzekatz: *(a gespillter éierlecher Entrüstung)*
Här Notär! Wann der wëllt festhaalen! Ech kennen mech hei am Haus guer net aus an hun och näischt vun de Suën gewosst. Nëmmen de Knecht wosst Bescheed. Hie wosst och wivill Suën am Wandschaaf waren. Ech hun d'Diir hei fond, wéi së opgebrach war. Wie kann dat gemach hun. Dach nëmmen een, dee wosst, dat Suën dra wieren!

Benni: *(rosen)* Wat wëlls de domadde soën?

Hutzekatz: *(sëcher)* Näischt! Ech stelle blouss d'Tatsache fest hei. *(gekränkt em Matleed biedelnd)* Elo froën ech Iech Här Notär! Wann ech do elo an menger Ahnungslosegkeet draflätschen, wou dach d'Diir opstung, da froën ech mech op dat ee Grond war, fir mech mat menger Pëng an de Keller ze sperren. Dierfen iwerhapt d'Leit een aneren, deen näischt verbrach huet esou onmënschlech quälen?! Net emol d'Ratefall wollten si mir vun den Hänn lass machen. D'hallef Hand ass mir dobäi futti gangen. Ech froën Iech, Här Notär, hat de Knecht d'Recht derzou?

Lisi: Den arme Mann!

Notär: *(kaal)* Dem Recht no haaten së net grad Recht wat së gemach hun, nëmmen soss ass dach ...
(dobaussen tuut een Auto, dem Hutzekatz sengem Auto seng Tuut)

Hutzekatz: Do kënnt de Chauffeur mat mengem Auto. Ech hun keng Zäit méi! (*mat iwerleener Sëcherheet*) Naja, dir wäert nach vu mir héieren! Mäin Affekot wäert iech schon eng gepeffert Rechnung presentéieren! An dat lescht Wuert wäert wuel de Richter schwätzen.

Benni: Stoë bliwen! Esou liicht kënns de mir awer net dervun. (*wëllt en unhaalen*)

Notär: Här Stréisack! Dir duerft den Här Hutzekatz net festhaalen. Dat anert fënnt sech vum selwen, wann d'Sach virun de Richter kënnt.

Hutzekatz: (*wëllt goën*)

Berti: (*stierzt hanner him hier*) Meng Suën! Fir d'éischt gëss de mir meng Suën erem!

Hutzekatz: (*dréint sech an der Diir em*) Berti! Hues du och kee Vertrauen méi zu mir? Dat hätt ech awer nie geduecht!

Berti: Gëf mir meng Suën erem!

Hutzekatz: (*gräift gekränkt an seng Boxentäsch, an gët d'Envelopp erem*) Do! Wanns d'et net anescht wëlls!

Berti: (*räisst d'Envelopp un sech, dobaussen tuut den Auto*)

Hutzekatz: Ech gin, Berti! Nëmme du wäerts nach u mech denken. Hei an dëser Reiberhiel gesidd dir mech net méi erem. Dat sin jo lauter Gangster hei! (*hie geet roosen of*)

Lisi: Komm Tobias! Mir hun och näischt méi hei ze sichen! (*geet mam Tobias hannert dem Hutzekatz aus*)

20.(Benni, Edith, Notär, Berti, Eugène, Bopi)

Benni: Edith! Wëlls de net matfueren op Réimech?

Edith: Sief nëmme roueg du Stréckel.

Berti: (*huet de Bréif opgemaach an hëllt en zesummegefaalt Zeitungsblaad eraus*) Wat... wat ass dann dat? (*opgeregt*) Wou sin meng Suën! Hien huet meng Suën gestuel!

Notär: Suën? Wéivill waren et der dann?

Berti: 250.000 Frang! Déi hat ech him perséinlech gin. Hei, an dësem Couvert, an elo ass nëmme nach eng aal Zeitung dran.

Benni: Da musse mir hien awer erem ofhuelen! (*rennt zur Diir*)

Berti: Jo, hal ën un! Hie muss mir meng Suën erem gin! (*vun dobaussen héiert een erem d'Tuuten vum Auto, den gläich drop fortfiert*)

Benni: (*erem eran*) Ze spéit!

Eugène: Do flitzt hien mat dengem 250.000 Frang.

Notär: Huet der iech dann wéinstens eng Quittung gi geloss?

Berti: Neen, eng Quittung hun ech net. Hien huet d'Envelopp ouni dranzekucken ewechgestach.

Notär: Huet hien d'Suën net emol nogezielt?

Berti: E war jo esou presséiert, an hien huet gemengt, ech géif hien jo net bedupsen.

Notär: An elo huet hien Iech bedupst.

Berti: An ech hun nach gesoot “Vertrauen géint Vertrauen”!

Notär: (hëllt d’Zeitungsblaad) D’ass jo Zeitung vun der Musel. Huet dir dat hei emmer am Haus?

Edith: (*hëllt d’Zeitung a kuckt së*) Jo, dat ass eis Zeitung, dat ass aus eiser eraus gerappt! Dat haale mir hei.

Notär: Majo dann! A wéi wëllt dir da beweisen, dat 250.000 Frang an der Envelopp waren? Den Hutzekatz seet natirlech, hien hät de Bréif net opgemaakt.

Berti: Ma, ma, dat kann dach guer net sin!

Edith: (*huet an der Zeitung gelies*) Hei! Liest dëst emol! “Zwangsversteigerung bei Metti Hutzekatz: Bierbude “Scharfer Eck” Versteigerung des gesamten Inventars! Der Gerichtsvollzieher”

Benni: Hahahahaha! Eng Béierbuud hat ën nëmmen an hien huet hei mat engem Etablissement ugin wéi eng Tut voll plakeg Mecken, an dobäi ass de Mann mam Guckuck komm!

Berti: Ma ë kann dach bal net bankrott sin, ën huet dach nach esou ee schéinen Auto.

Notär: Esou een Auto kritt een an der Stadt bei all Autoverleih geléint.

Berti: Soll hien dee geléint hun?

Notär: (*lacht*) A jo, dat hiewt de Kredit bei de Leit.

Benni: A wann ën dach nemmen mat dem Blechiesel komm wär, da wär der bestëmmt net drop eragefall. Ass et net esou, Madame Summer.

Berti: Da mengt der, dat ech meng Suën net erem kréich, Här Notär? Och net virun Geriicht?

Notär: Virun Geriicht géllt nëmmen dat, wat ee beweisen oder beschwieren kann.

Berti: Dat kann hien dach net beschwieren! Dat wär dach ee falschen Eed!

Notär: Majo, beweisen kann dir dach näischt! An wann ech den Här Hutzekatz richteg aschätzen, huet hien keng Angscht virun esou engem klengen falschen Eed.

Berti: (*fällt op ee Stull*) Dann hun ech jo elo guer näischt méi! Eugène, wat machen mir dann elo?

Eugène: Ech mengen, mir plënneren an d’Millen.

Berti: (*geschloën*) Wéi’s de mengs, Eugène!

Eugène: (*sprengt opgereegt an d’Luucht*) Bopi, hues de dat héieren? Wéi hues de dat nemmen fäerdeg bruecht?

Bopi: Wéi ech dat gemacht hun? (*weist luesseg op säin Hoar*) Mat engem Verstärker!

RIDEAU